

**8. 5588 - Projet de loi portant****1. réglementation de quelques méthodes particulières de recherche****2. modification de certaines dispositions du Code pénal et du Code d'instruction criminelle (suite)**

Da kéime mer elo nach zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5588, eng Ofännierung vum Code pénal.

Second vote constitutionnel

De Vote fänkt un.

(Brouhaha)

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen, duerno de Vote par procuration.

(Brouhaha)

De Projet de loi 5588 ass ugehall mat 39 Jo-Stëmmen an 21 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Jo!

► **M. le Président.**- Den Här Hoffmann huet d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- ... selbstverständlich, dass ech net dobäi war bei der Diskussioun am Zesummenhang mat dem éischte Vote.

Doriwwer eraus awer si mer hei konfrontéiert mat engem äusserst delikate Problem, dee biergerrechtlech Garantïe beréiert. Wann de Conseil d'État d'Dispens fir den zweete Vote net gëtt, dann huet dat jo selbstverständlech och seng Ursachen.

Mir wësse Beispiller aus dem Ausland. Ech brauch elo net déi berühmten Affär vu Lëtzebuerg hei nach eng Kéier ze ernimmen. Mä mer wëssen aus Beispiller aus dem Ausland, dass déi verdeckten Ermittlungen duerchaus emol heiansdo d'biergerrechtlech Garantien a Fro stellen an dass et och heiansdo zu Dérivé ka kommen.

Duerfir sinn ech mer net sécher, och no der Lecture vum Gesetz, ob déi Garantien do genügend am Gesetz ofgeséichert sinn.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Hoffmann Merci. Mir kéimen dann elo zum Projet de loi 5846 iwwert d'Personal am Energiesektor. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschrieben: déi Härren Helminger, Klein, Bausch a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

9. 5846 - Projet de loi sur la mise à disposition par les communes de main-d'œuvre aux sociétés de droit privé opérant dans le domaine de l'électricité et du gaz**Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police**

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, dese Gesetzesprojet schafft eng rechtlech Basis, fir am Stroum- an am Gasberäich d'Auslagerung vu Gemeindebeamten u Privatgesellschaften ze erméiglechen.

Fir direkt e puer Saache kloer ze soen:

1) Mat dësem Projet gëtt d'Gemeengepersonal vun den Elektrizitéits- a Gaswierker net automatesch ausgelagert. Ob dat geschitt a wéi dat soll geschéien, décidéiert déi jeeweileg Gemeng.

Fakt ass awer och, dass ouni dese Gesetzesprojet keng Auslagerung vu Fonctionnairen a Gemeindebeamte méiglech wär. De Statut vun dem Gemeindebeamten léisst dat de Moment net zou.

2) De Projet schreift sech an de Kader vun der europäescher Liberaliséierung vun dem Stroum- an dem Gasmarché an, a wéi mir domat um Lëtzebuurger Energiemaart ëmginn.

Rechtlech ass eng Auslagerung opgrond vun der Liberaliséierung net noutwendeg. Liberaliséiert sinn d'Produktioun, den Akaf an de Verkauf vu Stroum a Gas. Net liberaliséiert ass dergéint d'Gestioun vun de jeeweilege Réseauen.

Hei am Land regelen zwee Gesetzer vum 1. August 2007 d'Organisatioun vun Elektresch- respektiv Gasmarché. Dës Gesetzer prezisiéieren ausdrécklech, dass all Gemeng eng sougenannten Entreprise d'électricité oder de gaz ka sinn. Deemno kann hei am Land eng Gemeng ausdrécklech hiert Gas- oder Stroumnetz an Eegeregie géréieren.

3) An der Praxis waren eng Rei vu Lëtzebuurger Gemengen traditionell an dem Beräich vu Stroum- oder Gasliwwerung tätig. Et sinn dat: Ettelbréck, Dikrech, Iechternach, Stengefort, Veianen, Esch an d'Stad Lëtzebuerg. Dës Gemengen hunn am Kontext vun der Liberaliséierung den Akaf an de Verkauf vun dem Stroum oder dem Gas enger privatrechtlecher Gesellschaft iwwerdroen.

D'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch hu mat LEO a Südstroum hir eege Gesellschaften fir den Akaf an de Verkauf vum Gas a Stroum gegrënnt. D'Gestioun an den Ënnerhalt vun de jeeweilege Réseauen ginn do de Moment duerch Gemengeneegepersonal gemaach.

Konkret schafft dese Gesetzesprojet elo d'Méiglechkeet, dass dës Personal, souguer, wann et bis elo am Statut vun dem Fonctionnaire oder dem Employé communal war a bleift, un eng Privatgesellschaft ausgelagert ka ginn.

Här President, de Gesetzesprojet huet ganzer dräi Artikelen. Den Text, deem zur Ofstëmmung virläit, baséiert op enger Formulatioun vum Statsrot. E gouf op Recommendation vum der Regierung wäitgehend esou vun der Intérieurskommissioun iwwerholl.

Et ass politescht a juristescht Neiland. Ënner dem aktuelle Beamtestatut ass wuel e sougenannten Détachement an der Fonction publique méiglech. E gëtt och des Öfteren applizéiert. Mä dësen Détachement vun engem Beamten kann nëmme bei eng aner öffentlech national oder international Institutioun gemaach ginn, mä net bei eng privat Gesellschaft.

Dese Gesetzestext féiert elo d'Méiglechkeet vun enger Auslagerung vu Gemeengefonctionnairen an Employéen un eng Privatgesellschaft an. De Gesetzesprojet huet op deem Punkt e méi prinzipielle Charakter.

D'Auslagerung selwer ënnerläit awer enger Rei vu strikte Konditiounen:

1) D'Auslagerung vu Gemeengepersonal kann nëmmen un eng Privatgesellschaft gemaach ginn, déi am Beräich vun dem Stroum oder dem Gas tätig ass. All aner Beräicher sinn also duerch d'Gesetz ausgeschlossen.

2) D'Auslagerung kann nëmmen dann erfollegen, wann déi betraffe Gemeng virdru selwer hiert Stroum- oder Gasnetz an Eegeregie gefouert huet.

3) D'Auslagerung kann nëmmen un eng Privatgesellschaft gemaach ginn, wou déi Gemeng eleng oder mat aneren öffentlichen Institutiounen direkt oder indirekt méi wéi 34% vum Kapital hält, also eng sougenannte Sperrminoritéit huet.

4) D'Mise à disposition, esou wéi et am Gesetz heescht, spillt nëmme fir déi Beamten, déi am Moment, wou d'Gemeng an d'Kapital vun der Privatgesellschaft eraklëmt, an dem Regiebetrieb vun dem Gas respektiv dem Stroum schaffen.

5) De concernéierte Beamte behält säi Statut, also all seng Rechter a Flichten. Dat zielt speziell fir d'Gehalt mat eventuellen Accessoires, och fir d'Sozial- an d'Krankenversicherungen, déi weiderhi vun der Gemeng gedroe respektiv vun der Gemeng verrechent ginn.

Et gëtt awer eng Ausnahm. De Beamten ënnersteet weiderhin dem Schäfferot vun der Gemeng. D'Gemeng bleift also de Patron. Si ass eleng zoustänneg fir eventuell disziplinaresch Moossnamen geméiss dem Beamtestatut. De Beamten - dat ass d'Differenz - ënnerläit awer an Zukunft der operativer Direktioun vun der Privatgesellschaft. Si muss eventuell berufflech Verfehlung vun dem Beamten dem Schäfferot mellen.

6) Sechstens a leschtens muss tëschen der Gemeng an der Privatgesellschaft eng Konventioun ofgeschloss ginn, déi d'Modalitéiten vun der Auslagerung an de Remboursement vun de Käschten, déi do duerch entstinn, regelt.

De genauen Inhalt vun dëser Konventioun ass net am Gesetzesprojet prezisiéiert. Fir Wettbewerbsverzerrungen ze vermeiden, muss d'Konventioun kloerstellen, dass d'Privatgesellschaft der Gemeng all déi Personalfraisé rembourséiert, déi d'Gemeng weider direkt un dat ausgelagert Personal bezilt. D'Konventioun misst och d'Aarbechtskonditiounen vun de betraffene Leit am Virfeld regelen. D'Konventioun muss an allem Fall vun dem jeeweilege Gemengerot an duerch den Innenminister guttgeheescht ginn.

Här President, wéi d'Aktualitéit iwwert déi lescht Wochen an Deeg gewisen huet, ass dese Gesetzesprojet net onkommentéiert bliwwen. D'Chambre des Fonctionnaires huet sech am Oktober 2008 géint dese Projet opposéiert. Et géif sech hei ëm e Prezedenzfall handeln, deem op aner Aktivitéitsberäicher aus dem Gemengesektor kéint ausgeweit ginn.

D'Chambre des Fonctionnaires verweist an hirem Avis op d'Aarbechte vun der Spezialkommissioun „Territorialreform“ vum Juni 2008. Deemno sollten d'Gemengen iwwer eng sougenannte Loi-cadre an exzeptionelle Fäll besonnesch an dem Energieberäich d'Méiglechkeet kréien, kommerziell Aktivitéiten an Eegeregie ze maachen. Fir d'Statsbeamtechamber hätt een de Problem iwwert de Wee vun esou enger Loi-cadre respektiv enger Adaptatioun vun der Gemengelégislatioun regele kënnen.

Här President, eng Upassung vun der Gemengegesetzgebung gouf am Juli 2007 duerch eng Proposition de loi vun den Härren Helminger, Bausch, Meisch a Gira proposéiert, déi zwee Voleten hat. Dës war engersäits, de Gemengen et ze erlaben, an gesamten Energieberäich kommerziell Aktivitéiten duerch hir eege Services ze maachen, an anersäits generell iwwert de Gemeindebeamtestatut d'Auslagerung vum Gemeengepersonal u Privatgesellschaften ënner verschidde Konditiounen ze erlaben.

D'Regierung huet sech an hirer Prise de position géint dës Proposition de loi ausgeschwat. Als Grënn goufen ugefouert, dass déi aktuell Gemengegesetzgebung et duerchaus géif erlaben, speziell am Gas- an Elektreschberäich kommerziell Aktivitéiten an Eegeregie ze maachen. Mä doriwwer eraus sollt een - der Regierung no - de Gemengen net prinzipiell d'Recht ginn, sech an allen Energieberäicher kommerziell ze betätigen.

Zu den Ëmännerunge vun dem Gemeengebeamtestatut huet d'Regierung an hirer

Stellungnahme gemengt, et sollt een dat net generell regelen, mä duerch e speziell Gesetz op déi liberaliséiert Elektresch- a Gasmarché limitéieren. Dës Positioun ass vum Innenminister och an der Chamberskommissioun vertraute ginn, an d'Gesetzespropositioun gouf dowéinst net weider analyséiert.

Här President, de Statsrot huet sech sengersäits net weider iwwert d'Proposition de loi ausgeschwat. Wat de Projet de loi ubelaangt, geet de Statsrot net weider op d'Opportunitéit vun der Regierungsap-proche an. De Statsrot huet awer Textännerunge virgeschloen, déi wéi gesot vun der Kommissioun wäitgehend iwwerholl goufen.

Här President, déi zoustänneg Chamberskommissioun huet op eng gemeinsam schrëftlech Demande hi vum 5. Oktober 2009 Vertrieder vun FGFC, dem Landesverband, dem LCGB, dem NVGL, dem OGB-L empfaangen, wou si, also d'Gewerkschaften, hir Uleies geltend gemaach hunn. Dës waren duerch eng detailléiert schrëftlech Stellungnahme ënnermauert. D'Gewerkschaften hunn doran d'Opportunitéit vun deem ganze Projet a Fro gestallt an e Moratoire gefrot.

Här President, konkret ass dese Projet de loi eng legislativ Hëllefstellung fir e Problem, dee sech de Moment bei der Stad Lëtzebuerg stellt, allerdéngs an engem méi globale Kontext, wéi mir um nationalen Energiemaart mat de Versuerungsreseauen ëmginn. Engersäits huet d'Gemeng déi Leit, déi sollen ausgelagert ginn, bei sech an de Regiebetreiber beschäftegt, anersäits muss d'Privatgesellschaft awer op d'Kompetenz an d'Expérience vun deene betraffene Leit zrëckgräifen.

D'Noutwendegkeet vun dem Gesetzesprojet ass net d'Liberaliséierung vun dem Stroum- oder dem Gasmarché. Ouni dese Projet kéint net ausgelagert ginn. D'Déci-sioun, ob ausgelagert gëtt oder net, läit an der Lescht eleng bei der betraffener Gemeng. Wann ausgelagert gëtt, da muss et no de Konditiounen vun dësem Gesetzesprojet geschéien. Den Detail, wéi ausgelagert gëtt, muss an enger Konventioun geregelt ginn, déi tëschen der Gemeng an der Privatgesellschaft ofgeschloss gëtt. Dat lescht Wuert huet dann den Innenminister, deem dës Konventioun muss guttheeschen.

Dem Gesetz no däerf et dobäi net zu enger Beanträchteegung vun dem Statut vun deene betraffene Leit kommen. Am Sënn vun dem Gesetz däerf et dobäi och net zu enger Verschlechterung vun de Leit hiren Aarbechtskonditiounen an domat ageschloss vun hiren Avancementsméiglechkeeten kommen.

Här President, ech hu mech zumindest beméit, dese Projet a sengem ganze Kontext op eng objektiv Aart a Weis ze presentéieren. Ech verweise fir de Rescht op de schrëftleche Rapport, dee schonn den 21. Abrëll 2009 deemools mat de Stëmme vun CSV an LSAP ugehall gouf.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gilles Roth Merci. Als éischte Riedner ass den Här Paul Helminger agedroen. Här Helminger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Paul Helminger** (DP).- Här President, léif Kolleegen, ech wollt mech fir d'éischt emol entschëllegen, datt ech an där Réunioun, déi stënterlech aberuff ginn ass vun der Kommissioun, fir nach eng Kéier d'Gewerkschaften ze héieren, net konnt derbäi sinn. Dat war dee leschte Méindeg um véier Auer. Mir waren dee Moment am Schäfferot vun der Stad. Datselwecht gëllt da jo och fir meng Kolleegen aus dem Schäfferot. Mir waren dee Moment zesummen, fir...

(Dérangement sonore)

► **Une voix.**- Méi haart, wann ech gelift!

► **M. Paul Helminger** (DP).- Ech méi haart oder si méi lues?

(Hilarité)

Ech mengen, et ass méi einfach, wann ech méi haart sinn.

► **Plusieurs voix.**- Jo!



► **M. Paul Helminger (DP).** - Okay, gutt. Also wéi gesot, ech wollt mech a meng Kolleegen entschëllegen, datt mer do bei där Kommissiounssitzung net konnten derbäi sinn. Dat wëllt keen Onrespekt vis-à-vis vun de Gewerkschaften ausdrécken. Ech mengen, mir hu grad just an der Stad Lëtzebuerg oft genuch mat den Delegatiounen, mat de Gewerkschaften, mam Personal geschwat, fir hinnen ze soen, wou et géif higoen, wat déi verschidden Etappe wäeren, wou mer dru wäeren. Mä wéi gesot dee Moment hate mer ugefaangen a sollte mer d'Presentatioun kréie vun eise Budget, an dat huet eis och wichteg geschéngt.

Zum Projet de loi selwer wëll ech och net méi ganz vill soen, well ech fannen, datt de Rapporteur effektiv do e ganz équilibréierte Rapport gemaach huet, vun deem net nëmmen, wat am Gesetz steet, wat déi legal Situatioun ass, wat heiderlech méiglech ass, wat net noutwendeg ass, wat ka gemaach ginn, a wann et soll gemaach ginn, wéi et soll gemaach ginn.

Ech hunn d'ailleurs verstanen, datt herno nach eng Motioun wäert déposéiert ginn, ënnert déi ech och meng Ënnerschrëft gesat hunn, fir och ganz sécherzestellen, wann an där Konventioun déi Konditiounen festgehale ginn, déi virgesi sinn, datt net nëmmen déi legal Rechter, mä och allgemeng d'Aarbechtsbedéngunge vun deene Leit, déi da géifen ausgelagert ginn, net negativ beeinträchtigt géife ginn, wou d'Chamber am Fong en Opruff erléisst, fir datt dat an där Konventioun dann och wierklech geschitt an datt dat dann och deementspriedend vum Innenminister geprouft gëtt. Domadder si mer bien entendu och d'accord.

D'Fro, déi sech natierlech stellt, ass: Woufir brauche mer dat Gesetz?

Ech mengen, de Rapporteur huet zum Schluss ugedeit, datt dat de Moment héchstwahrscheinlech haaptsächlech, mä an Zukunft sécherlech net nëmmen, d'Gemeng Lëtzebuerg géif betreffen. An ech wollt kuerz soen, woufir datt mer der Meinung sinn, datt mer dee Wee hei musse goen, an duerfir och dat Gesetz brauchen.

Mir hunn eis zesumme mat de Kolleege vun der grénger Fraktioun an der Kommissioun deemools enthalen, wéi de Rapport zur Ofstëmmung koom, well mer der Meinung waren, datt en fait dee Projet de loi, esou wéi en och elo hei virläit, net wäit genuch géif goen.

Net well mer alles wëllen auslagere, mä well mer ganz einfach feststellen, an dat ass och an enger Rei Rapporté vu Kommis-siounen, Délibératiounen, Gesetzer festgehal, datt d'Gemengen am Energiesec-teur allgemeng haut eng Roll ze spillen hunn, an datt am Kontext grad just vun der Liberaliséierung vun de Mäert d'Op-portunitéiten, jo, ech géif bal soen d'Nout-wendegkeet vun de Gemengen, fir an deem Secteur aktiv ze ginn, éischer méi grouss gi sinn, an datt, fir datt d'Gemen-gen och voll dee Spillraum, dee se do hunn, fir kënnen am Energiesecteur aktiv ze ginn, kënnen notzen, et eben noutwen-deg ass, datt se net alles musse vu Vireraus frësch opbauen, mä datt se eben och kënnen op dat zréckgräifen, wat se u Kompe-tenzen intern bei sech selwer hunn an datt se dat dann och kënnen deene Strukturen zur Verfügung stellen, déi dann op d'Bee gesat ginn, fir am Energiesecteur aktiv ze ginn.

Zu deenen Aktivitéite gehéieren, bien en-tendu, déi traditionell, wou jo eng Rei Ge-mengen hei am Land aktiv waren am Akaf an am Verkauf vum Stroum an am Opstel-len, am Ausbau an dem Entretien vun hire Réseauen. Mä et sinn och virun allem ganz nei Domaine-d'activitéen do derbäikomm, wéi de Chauffage urbain, wéi eng ganz Rei nei Technologie vun alternativen an er-neierbaren Energien, wou d'Gemenge förmlech opgefuerdert sinn, fir hir Roll an deem Secteur och kënnen ze spillen.

Well schonn d'Stad ugeschwat ginn ass, an ouni elo heirauser wëllen eng Diskus-sioun ze maachen, wéi wa mer hei am Ge-mengerot vun der Stad Lëtzebuerg wäeren, mä ech mengen, well dobausse jo och haaptsächlech Leit vun der Stad Lëtze-buerg sinn, wëll ech awer vun der Ge-leeënheet profitéieren, fir ze soen, wéi mir un dee Problem do erugaange sinn.

Mir hu fir d'éischt, wéi och aner Gemen-gen, eng privatrechtlech Gesellschaft ge-grënnt, fir dat ze maachen, wat d'Ge-menge virdru souwisou ni gemaach hunn. Dat heescht, sech op engem fräie Maart debrouilléieren, fir ze entscheiden: Wou gi mer de Stroum akafen an deene beschte Konditiounen? Respektiv: Wéi brénge mer en un de Client ënnert deene Konditiounen vun engem Konkurrenzmaart? Wou et jo souwisou net a Fro koom, fir en Tarif an engem Gemengerot stëmmen ze loossen, well dat sech, jiddefalls emol fir déi méi grouss Clienten, all Kéier ëm individuell Verhandlung gehandelt huet mat deene respektive Clienten, déi jo nu wierklech net an eng öffentlech Diskussioun an de Ge-mengerot gehéieren.

Ech wëll och vun der Geleeënheet profi-téieren, fir ze soen, contrairement zu deem, wat och nach ee vun eise Mataar-bechter an der Kommissioun gesot huet, datt bis elo d'Gemeng vu LEO näischt ge-hat hätt. Dat ass absolut net richtig. Mir hu bis Enn 2008 forcément näischt vu LEO gehat, well bis dohinner LEO wuel déi Ver-handlung gefouert huet, fir de Stroum ze kafen an de Stroum ze verkafen, mä dat ass awer alles am Numm vun der Gemeng geschitt. An duerfir sinn och déi Dépenses an déi Recettes total wéi all déi Jore vir-drun direkt an de Konte vun der Gemeng anzegesi gewiescht.

Duerfir ka jiddweree sech dervun iwwer-zeegen, datt mer do keen Abroch haten. Au contraire, éischer besser geschafft hunn, wat also duerchaus weist, datt mer eis op deem Marché konnte behapten.

Vum 1. Januar 2009 un, do ass effektiv LEO voll verantwortlech fir den Akaf a fir de Verkauf vum dem Stroum a vum Gas, an duerfir hu se jo mat der Gemeng als Ak-tionär eng Ofmaachung, wéi dann, wat elo do ufält u Revenuen, dat zréckfléisst an d'Gemeng. Och dat fannt Der an de Bud-gete vun der Gemeng erëm. Ech kann dë-ser Tribün och soen, datt dat, wat mer vu LEO erwaart hu fir dëst Joer, och absolut wäert, wann net souguer e bësse méi, an d'Keese vun der Gemeng afléissen.

Da komme mer zu de Réseauen an zu de-enen neien Obligatiounen, déi d'Réseauen eben hunn als Gestionnaires de réseaux. Et ass richtig, theoretesch kéint d'Gemeng weiterfueren, hire Réseau selwer ze gériee-ren.

Ech wëll just soen, mir sinn hei an engem Konkurrenzmaart. Mir sinn an engem Maart, wou d'Stad Lëtzebuerg zwar en net onwesentlechen Undeel vum nationale Marché huet - mir wäerten ongeféier tëscht engem Fënneftel an engem Véierel vun deem Marché duerstellen -, mä all Käschtchen, déi mer mat deem Stroumsec-teur a mam Gassecteur hunn, déi si jo dann ëmzeverdeelen op déi Klientell, déi mer hunn. Dat sinn dann an déi 60.000 Stéit plus eng Rei Entreprises a ganz wéi-neg Industrien, déi mer eben um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg hunn.

Wann elo d'Konkurrenz spillt, da komme forcément Liwweranten an d'Stad eran. De Stater Bierger gradesou wéi de Bierger uechtert d'Land ass jo fräi, fir ze wielen, bei wem e säi Stroum keeft, ob dat elo bei der Enovos ass oder bei LEO ass. An da kann et net sinn, datt do eise Maart op ass. Dir kënnt do net e Gruet ronderëm d'Stad maachen. Dir kënnt d'Festungsstad net erëm nei entdecken.

Da läit et op der Hand, datt also Fourni-seure vu baussen op deen dach awer lukra-tive Maart vun der Stad wäerten erandrë-cken. An da musse mir eis och opstellen, datt mir och kënnen eraus an deen anere grouse Maart goen. Dat ass nun awer wierklech, mengen ech, traditionell net d'Aufgab gewiescht vun enger Gemeng, fir op engem nationale Maart, fir emol net vun engem regionale Maart ze schwätzen, an den Energiemarché eranzegoen.

A wat de Réseau ubelaangt, ass et jo esou, datt mer déi Käschtchen, déi do erfalen, misste verdeelen op eng relativ kleng Zuel vu Clienten, während eis Konkurrenten, och nëmmen déi national Konkurrenten, bien entendu vill méi eng grouss Zuel vu Clienten awer hunn, op déi se dann déi Käschtchen kéinte verdeelen.

An dann hu mer en Institut de régulation, dee jo ganz äifreg kucke wäert, wéi déi Käschtchen sech opstellen, wat dierf verre-

chent ginn an där berühmter Netzdur-chlussungsgebühr. An do wäert et dann - do gëtt et scho Beispiller am Ausland - och net ganz laang daueren, bis de Régulateur seet: Majo, deen do, dee verrechent esou vill, deen do verrechent esou vill. Mir set-zen do als Régulateur fest, wivill datt dierf verrechent ginn.

Da sinn d'Chancé grouss - dat hu mer alles préiwe gelooss -, datt eis Käschtchen dee Moment leider net méi konkurrenzféig sinn, an datt mer entweder da Sue bäi-leeën, wat jo nun awer wierklech net den Zweck vun der Übung ass - wat mer héchstwahrscheinlech emol guer net dierften, well dat wär jo eng indirekt Sub-ventioun op engem Marché, wou Subven-tiounen net erlaabt wäeren -, oder datt mer op där anerer Säit dann awer missten aner Mesuren huelen.

Duerfir, well mer zur Realisatioun komm sinn, datt och d'Stad Lëtzebuerg net capa-bel wär, a vläicht grad d'Stad Lëtzebuerg. Ech gi gären zou, datt vläicht eng méi kleng Gemeng mat e puer honnert Clie-nten do an enger anerer Situatioun ass wéi d'Stad Lëtzebuerg. Mä mir sinn à la fois ze grouss, fir dat do kënne mat engem Excel sheet ze gérieieren, a mir sinn net grouss genuch, fir et wierklech eleng kënnen ze maachen.

Duerfir hu mer vun Ufank un - an dat ass och vun Ufank un eise Partner an der Ge-meng gesot ginn - no engem Partner ge-sicht. Ech wëll och gären hei soen, datt mer am Ufank am Fong op enger liicht anerer Strategie ware wéi déi, op där mer elo sinn. Mir waren nämlech der Mee-nung, datt et vläicht souguer an deem Lët-zebuerger Marché net schlecht wär, wann et méi wéi een nationalen Ubidder géif ginn.

An do hate mer Gespréicher gefouert - ech kann dat haut roueg soen - mat der Soteg, well mer mat der Soteg ganz vill Komple-mentaritéiten haten. D'Soteg, déi ugefaan-gen huet am Stroum ze schaffen, déi huet haaptsächlech sech ëm Industrielienté gekëmmert, während mir haaptsächlech um Marché vun den Haushaltsclienté wa-ren. Am Gas war d'Soteg souwisou eise bal exklusive Liwwerant. Do war also eng ganz schéi Komplementaritéit. An dat ass och esou wäit gedien, datt mer amgaage wa-ren, „due diligence“ ze maachen, fir ze ku-cken, wéi mer do kéinten e Partenariat opstellen.

Och dee Partenariat hätt awer erfuerdert, datt mer eist Elektrescht an eist Gaswierk ëmstrukturéiert hätten, well Dir macht nun eemol kee Partenariat mat enger Ver-waltung. Mir hätten also souwisou missen eis anescht opstellen, fir kënnen esou e Partenariat ze maachen.

Aus deem Partenariat ass awer näischt ginn, aus enger ganz einfacher Ursach, well op eemol - an ech verstinn dat duerchaus - d'Regierung aner Vuen hat, an de Wirtschafts- an den Energieminister hi-gaangen ass an d'Iddi lancéiert huet vun enger grousser nationaler Gesellschaft, wou all Acteuren aus dem Energiesecteur sech géifen dran erëmfannen.

Déi ass opgestallt, wéi mer wëssen, datt se opgestallt ass, mat uewen en Holding, Enovos, mat enger Vertriebsgesellschaft a mat enger Réseausgesellschaft. Wat ass du fir eis d'Situatioun gewiescht? Ma d'Situa-tioun war ganz einfach déi, datt eise Wonschpartner, mat deem mir gären e Partenariat gemaach hätten, datt deen op där anerer Säit vun der Barrière war.

Dat heescht, mir haten op där anerer Säit vun der Barrière souwuel nach ëmmer ee vun eise grouse Fournisseurs am Stroum, d'Cegedel, an eisen Exklusivfournisseur am Gas, nämlech d'Soteg. Dunn hu mer wierklech geduecht, wa mer awer nach ëmmer bei der Iddi bleiwen, datt mer e Partner brauchen, dann ass dat do dann elo dee Partner, mat deem mer mussen ufänken ze verhandelen.

Mir hunn dat ëmsou méi logesch fonnt, well jo den Objektiv vun dem Wirtschafts-an dem Energieminister, an ech huelen emol u vun der ganzer Regierung, dee war, fir ebe sécherzestellen, datt d'öffent-lech Hand d'Maîtrise géif behalen iwwert den Energiesecteur an notament a ganz besonnesch iwwert d'Energieverdeelung hei am Land. Dat war jo den Objektiv, deen do verfollegt ginn ass.

Wann ech elo kucken, wéi d'Situatioun elo ass, wou de Stat jo deen décksten eenzel-nen Aktionär an der Enovos ass, ass dat eng Situatioun, wou e sech och iwwer Pacte d'actionnaires ofgeséichert huet, datt en och effektiv an deene wichtege Froen dat lescht Wuert ze schwätzen huet.

Mä wéi d'Invitatioun du koom un d'Stad Lëtzebuerg, fir an där Gesellschaft matze-maachen, an zwar matzemaachen um Ni-veau grad just vun der Réseausgesellschaft a vu Creos, dunnt huet dat eis ageliecht. Well wa mir nämlech och nach do an där Gesellschaft derbäikommen, dann huet an där Gesellschaft direkt oder indirekt - dat musse mer iwwregens nach gesinn, wéi dat en fin de compte ausgesäit - d'öffent-lech Hand net nëmmen eng Sperrminoritéit, mä dann huet se doranner eng kom-fortabel - ech wëll elo léiwer a Prozenter ausschwätzen, well deen, dee mir drakréien, notament een ass, deen nach ze verhandelen ass -, mä dann huet op alle Fall d'öffentlech Hand an där Gesellschaft, an där Réseausgesellschaft iwwer all Pacte d'actionnaires eraus och eng ganz zolidd Majoritéit, fir do ze soen, wou et higeet.

Et ass also précisément an deem But, deen och ëmmer erëm am Ausland ugefuert gëtt, datt d'öffentlech Hand net soll déi grouss Energiekonzerner eleng op deem Marché gewäerde loossen. Et ass also pré-cisément aus deem Grond, wou d'Regie-rung déi Gesellschaftsstruktur do gewiekt huet, woufir datt mir invitéiert goufen, fir bei Creos matzemaachen, a woufir datt mer prinzipiell der Meinung sinn, datt dat och dee richtege Wee ass, well grad just op déi Manéier d'öffentlech Hand d'majo-ritär Main-mise an d'Verfügensgewalt iwwer hir Réseau behält. Net méi an net manner.

Wa mer dat awer wëlle maachen, wa mer wëllen do déi Roll, dee Part kréien an där Gesellschaft, dee mer gären hätten, da geet et net duer, datt mer an déi Gesell-schaft ginn, da musse mer dat als - wéi d'Engländer géife soen - en „going concern“ erabréngen, dat heescht als ep-pes, wat funktionéiert. An zu deem Funk-tionéiere gehéiert eng Infrastruktur, vun där mer terribel frou sinn, datt se gutt ass, an eng Belegschaft, vun där mer gradesou frou sinn, datt se elo et fäerdeg bruecht huet, fir dee Réseau op deem Niveau aus-zebauen, wéi een eben haut dosteet.

Ech maachen awer elo hei eng kleng Pa-renthèse op, well ech fanne wierklech, datt dat, wat an deene leschten Deeg gesot ginn ass, notament vu Gewerkschafts-säit, wou jo wierklech déi, déi elo net bei der Stad am Réseau schaffen, duergestallt gi wéi wann déi mannerwäerteg wäeren, wéi wann dee Réseau all Moment géif ris-kéieren zesummenzebrieche, wéi wann dee ganze Rescht vum Land, mat Aus-nahm vu wéi gesot e puer Stied - d'Stad Lëtzebuerg, d'Stad Esch an nach zwou oder dräi anerer -, dee säi Stroum ni anescht kritt huet, wéi vun enger Privatge-sellschaft iwwer e Réseau, wou de Proprié-taire e private Propriétaire war, an dee pri-vat gérieert ginn ass.

Ech muss éierlech soen, ech fannen dat al-lerhand! An ech muss och soen, déi Echoen, déi mir kréie vun deene Leit, déi an deene Betriber schaffen, déi hunn es esou lues sat vun deem, wat dobausse virun der Dier lass ass, well déi net ver-stinn, datt d'Gewerkschaften, déi jo si och solle verrieden, hei systematesch si erof-maachen an duerstellen, wéi wann dat mannerwäerteg wär. Ech hu wierklech fonnt, datt ech dat och eng Kéier misst hei ganz kloer an daitlech gesot hunn.

Dat ass also dee Grond, woufir datt mer mat deem Ganzen, wat mer hunn, de Ré-seau an d'Belegschaft, wëlles hunn, an déi Gesellschaft eranzeklammen, wann dann déi Accorden ofgeschloss sinn. Dat hoffe mer awer ganz staark, datt dat virum Enn vum Joer ass. Duerfir war et eben eis Suerg, an do muss ech soen, well d'Regie-rung do net bougéiert huet, hunn eben do eng Rei Leit eng Proposition de loi ge-maach, fir sécherzestellen, datt, wa mer op dee Wee ginn, dee strategiesch muss ge-maach ginn, mer dann awer kéinten derfir



suergen, datt eise Leit näischt géif geschéien.

Dat war eng Proposition de loi, déi ass elo modifizéiert ginn. Mir hunn déi elo haut als Projet de loi um Dësch leien. Dat ass de Grond, woufir datt mer voll hannert deem Gesetz och wäerte stoen an och dat herno, wann et zur Ofstëmmung kënn, wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Helminger Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jempi Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, Merci dem Rapporteur fir säin ausféierlechen an objektive Rapport. Den Ustouss zum Projet de loi, iwwert dee mer haut hei ofstëmmen, hunn 2007 d'Gesetzer iwwert d'Organisation vum Stroum- respektiv vum Gasmarché ginn. Deemools huet Lëtzebuerg, dat net Demandeur war, mat Verspéidung déi entspriechend EU-Direktiven iwwert d'Liberaliséierung vum Stroum- a Gasmarché an eist Recht ëmgëssat.

Dës Verännerungen hunn d'Gemenge virun eng grouss Erausforderung gestallt. D'Gemengeservicer, déi sech bis dohin ëm den Ënnerhalt vun hirem Réseau an d'Stroum- an d'Gasversuergung vun hire Bierger gekëmmert hunn, hätt een net kennen esou ëmstrukturéieren, dass se mat deenen neie Bestëmmunge konform gewiescht wäeren.

Net nëmmen, dass eng separat Kontabilitéit verlaangt ginn ass, mä et huet och missen eng Trennung tëscht dem Netzbedreier an dem Fournisseur vu Gas a Stroum gemaach ginn. Just esou kann am Sënn vun den EU-Gesetzer séchergestallt ginn, dass all Konkurrenten op engem liberaliséierte Marché e fairen Zougank zu dem bestehende Gas- a Stroumnetz hunn.

All Gemeng, déi en eegene Réseau bedriwwen huet, huet nom Akraafttriede vun deenen neie Gesetzter misse préiwen, wéi hir Situatioun ass, ob se wëllt an Eegeregier weiderfueren, ob se selwer eng privatrechtlech Gesellschaft grënt oder ob se eng Partnerschaft, deemools mat der Cegedel, haut Enovos Creos, ageet, an ënner wat fir enge Bedéngungen.

D'Stad Lëtzebuerg an Esch hunn deemools decidéiert, d'Fourniture iwwer eng gemengeneege Gesellschaft ze maachen an derneift hire Réseau selwer ze gëreieren. Op dës Manéier konnte si deenen neie Bedéngunge gerecht ginn.

D'Gemengen hunn also e Choix, deen de Stat muss respektéieren. Dat heescht, de Stat huet de Gemengen näischt virzuschreiwen, ob si déi Dëngschter, déi d'Versuergung mat Stroum a Gas betreffen, an Zukunft selwer wëlle leeschten, oder ob si duerfir eleng oder a Partnerschaft mat aneren eng privatrechtlech Gesellschaft grënnen, oder ob se dës Aufgab un Enovos Creos iwwerdroen.

Et war och den ausdréckleche Wonsch vum Législateur, de Gemengen dës Fräi- raum ze looschen. Et ass domat un der be- traffener Gemeng, fir eng Analys ze maachen, ze kucken an ze ënnersichen, déi weist, ob d'Gemeng selwer à même ass oder ob se a Richtung Gesellschaft soll goen, fir sech um liberaliséierte Marché ze behapten.

An deem Kontext ass eng ganz wichteg Fro an de Gesetzter vun 2007 net uge- sprach ginn, net gekläert ginn, an zwar, wat mam Gemengepersonal geschitt, wann eng Gemeng Dëngschtleeschungen am Beräich vum Stroum a Gas, déi bis dohi vun hiren eegene Servicer gelescht gi sinn, un eng privatrechtlech Gesellschaft iwwerdréit. Wann ee sech ukuckt, wat vi- rum Vote vun deenen zwee Gesetzter hei an der Chamber vu verschiddene Riedner gesot gouf, ass kloer, dass et e Konsens doriwwer ginn ass, dass eis Législatioun misst iwwerschafft ginn, ënner anerem fir Kloecheit ze schafen, wat d'Personal be- trifft.

Den Innenminister huet sech bei dëser Ge- leeënheet Virwërf missen unhéieren, well d'Gemengegesetzgebung net gläichzäiteg mat der Stroum- a Gasliberaliséierung uge- passt ginn ass. An déiselwecht Kerb huet och d'Proposition de loi vun den Härre Kol- leegen Helminger, Meisch, Bausch a Gira geschloen, vun där de Volet, deen d'Perso- nal betrëfft, an dësse Projet de loi agefloss ass.

Et misst séchergestallt ginn, dass d'Perso- nal, wat an engem Gemengeservice schafft, kéint an eng nei Gesellschaft iwwer- holl ginn. De Projet de loi, dee mer hei virleien hunn, setzt dës Absicht an d'Reali- téit ëm. De Stat huet d'Flicht, e legislative Kader ze schafen, deen et de Gemengen erlaabt, sech an engem liberaliséierte res- pektiv reguléierte Marché erëmzefannen an ze garantéieren, dass hir Bierger e méiglechst gudde Service gelescht kréien.

Déi Méiglechkeet gëtt dësse Projet de loi de Gemengen. Am Fall vun engem Change- ment vun de Strukturen dierf d'Personal doduerch awer keng Nodeeler hunn. Dem Fonctionnaire respektiv dem Employé communal säi Statut muss onantastbar sinn. Den Artikel 2 seet dat: «Le statut de l'agent communal n'est pas affecté.» Dëst Gesetz ass de Garant duerfir. Am Fall vun enger Mise à disposition ass net d'Gesell- schaft, mä d'Gemeng den hierarchesche Virgesetzte vun de kommunalen Agenten, zum Beispill wat de Régime disciplinaire ubelaangt.

De Projet de loi schreift och vir, dass d'Ge- meng hir Agenten an nëmmen enger Ge- sellschaft zur Dispositioun stelle kann, an där d'öffentlech Hand zumindest eng Mi- norité de blocage, dat heescht eng Parti- cipatioun vu 34% huet. Esou kënn Mëss- bräich géigeniwwer dem Agent a sengem Statut verhënnert ginn.

Am Kader vun der Konventioun, déi am Projet de loi virgesinn ass, muss genau festgehal ginn, wéi déi Mise à disposition fonctionnéiert, fir dass deene Betreffene kee Schued entsteet. Duerfir muss onbe- déngt de Schafferot suerge bei der Opstel- lung vun der Konventioun, fir do alle Punkten nozegoen an ze versichen alles drunzesetzen, dass de Statut vun deenen Einzelnen net verletzt gëtt. Eng Konven- tioun, déi och der Approbatioun vum Conseil communal an dem Innenminister ënnerworf ass.

D'LSAP ass generell skeptesch, wann Dëngschtleeschungen, déi zur Grondver- suergung ze ziele sinn, liberaliséiert ginn. An der Europäescher Unioun gesinn awer vill Länner dat anescht, esou dass mer ent- spriechend Direktiven net verhënnere kënn- en an eis dann un déi nei Gegebenheete mussen upassen.

Fir de Stat an d'Gemengen ass dat net ëm- mer einfach. Mir sinn awer der Meenung, dass d'Regierung an dësem Fall alles ge- maach huet, fir sécherzestellen, dass d'Stroum- an d'Gasnetz ënnert der Kon- troll vun der öffentlecher Hand ka bleiwen an dass d'Investitiounen an dës wichteg Infrastruktur och weiderhi fir eng gutt Qualitéit vum Réseau suergen.

Onofhängeg dovunner, wéi eng Optiou- nen d'Gemengen huelen, bleift d'Stroum- an d'Gasnetz ënnert der Kontroll vun der öffentlecher Hand. Dat ass ëmmer de Fall, egal ob d'Gemengen hir eege Gesellschaft an hiert eegent Netz gëreieren, oder ob e puer Gemengen zesummen eng Gesell- schaft hunn, wéi zum Beispill bei Sudgaz, oder ob si sech un Enovos Creos uschlëis- sen. Bei Enovos, déi de kommerzielle Volet ofdeckt, huet de Stat eng Sperrminoritéit. Bei Creos, wou et un de Réseau geet, ass d'Representatioun vun den Aktionären esou opgestallt, dass d'öffentlech Hand ëmmer an der Majoritéit ass. Wann d'Stad Lëtzebuerg, wéi ugekënnegt, hir Servicer an d'Creos iwwerféiert, stäerkt dat d'Posi- tioun vun der öffentlecher Hand an där Gesellschaft nach zousätzlech.

Dat sief awer just gesot als Reaktioun op déi méi allgemeng Diskussioun, déi ge- fouert gouf. Dës Diskussioun geet däitlech iwwert den Objet vun dësem Projet de loi eraus. Et ass e Projet fir de Statut. Dësse Projet ass fir de Statut vum Personal ofze- sécheren, falls eng Gemeng hir Servicer géif un eng privatrechtlech Gesellschaft of- ginn.

Mir sinn der Meenung, dass d'Personal dësse Schutz brauch an dass de Statut no alle Bedéngunge muss garantéiert ginn. Wéi gesot, wann d'Gemeng decidéiert fir eng Mise à disposition ze maachen, huet se och derfir ze suergen - huet se derfir ze suergen iwwert de Wee vun der Konven- tioun -, déi néideg Garantien ze ginn, dass de Statut net verletzt gëtt.

An deem Sënn ass dësse Projet de loi als eng Mesure de protection fir déi Betreffen ze gesinn an duerfir gëtt d'LSAP hiren Ac- cord derzou.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Klein Merci. An als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, de Rapporteur huet relativ sachlech a gutt den Detail vum Projet erkläert haut de Mëtteg. Dat erlaabt mir duerfir, vläicht op e puer méi allgemengpolitesch Erklärun- gen anzegoen, insoufern, datt ech eng Stëmm nach hunn, déi haart genuch ass selbstverständlech fir ze schwätzen, mä ech mengen, meng Stëmm ass haart ge- nuch, déi ass méi wéi dat do gewinnt.

Mir sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Härren, am Beräich vu Stroum a Gas an engem Kontext vun engem vun deene wichtegste Wirtschaftssecteuren, déi mer hunn, déi mer kennen. Ee Wirtschaftssec- teur, deen EU-wäit liberaliséiert ass.

Richteg ass och, datt an deem wichtege li- beraliséierten europäesche Kontext keen eis zwéngt, eis ze veränneren. Weder d'europäesch Direktiven, déi mer hei ge- stëmmt hunn an der Chamber, nach soss e Gesetz zwéngt iergendeen eppes ze maachen. Et zwéngt weder een e Service, deen een haut huet, un en aneren ze ver- kafen, weder zwéngt een e Service insge- samt opzeginn. Mä mir mussen eis awer bewosst sinn, datt, wann ee seet, ech wëll dat net maachen, ee sech muss d'Fro stel- len, ob een ënnert deene verännerte Be- déngungen op deem Marché ka weider esou fuere wéi virdrun.

Mir mengen dat net. Aus engem ganz ein- fache Grond: Well virdrun eng Situatioun war, wou d'öffentlech Hand gréisstendeels eng Monopolstellung hat, fir net ze soen eng Monopolstellung total hat. Wéi d'Mo- nopolstellung opgehuewe ginn ass, nei Regeln opgestallt gi sinn, wéi dee Marché ze fonctionnéieren huet, an déi vun en- gem Régulateur iwwerwaacht gi sinn, an donc jiddwer Opérateur, ob en öffentlech ass elo oder net öffentlech ass, enger Kon- kurrenz ausgesetzt ginn ass - eng Konkur- renz, déi natierlech ënner gewëssene Spillregele muss fonctionnéieren, déi vum Régulateur iwwerwaacht ginn, mä déi net méi déi nämlechte sinn natierlech, wéi wann een eng Monopolstellung huet.

Dat heescht, d'Grondbedéngungen an deem ganze Secteur hu sech wesentlech verännert. A wann een do als öffentlech Hand sech hätt d'Liewe wëllen einfach maachen - dat ass iwwregens och, muss ee soen, emol an der Zäit politesch suggé- réiert ginn, wéi d'Liberaliséierung komm ass -, dann hätt een zu de Gemengen zum Beispill gesot: „Ma verkaaft einfach alles, wat der hutt, dann hutt der keng Suerge méi. Dir kritt cash d'Suen an är Keesen, an da mécht jo en anere fir d'Clienten déi Dëngschtleeschungen.“

Dat ass awer eng Léisung, déi eiser Mee- nung no net déi richteg ass, an zwar aus e puer Grënn. Deen éischte Grond ass: Mir mengen, datt deen dote Secteur aus vill- fältege Grënn, net nëmme wirtschaftle- chen, mä och ëmweltpoliteschen - ech kommen herno nach dorobber ze schwät- zen -, en extrem wichtege an den nächste Jorzéngte gëtt an datt et duerfir extrem wichteg ass, datt d'öffentlech Hand deen net einfach kampflös opgëtt, mä versicht dat Beschte aus där neier Situa- tioun ze maachen.

Wa se dat awer wëllt maachen, oder wa se dat mécht, da muss se eng Rei Saachen un hire Strukture veränneren, fir datt se kann eiser Meenung no iwwerliewen.

Et ass evident, et brauch ee flexibel a staark Strukturen, fir kënnen do matzaha- len, well soss huet ee keng Chance, an deem Ganzen ze iwwerliewen.

Ech muss och soen, datt déi Grondiddi, déi d'Regierung ustrieft, fir an d'Richtung ze goen, fir eng staark national Réseausge- sellschaft opzebauen, eigentlech déi rich- teg ass, déi eis Ënnerstëtzung och vun Ufank u fonnt huet. Mir hunn als gréng zwar gesot, mir hätten eigentlech léiw- er, datt, reng wat d'Reseausgesellschaft ube- laangt, déi national, déi zu 100% an öf- fentlecher Hand wär an net zu 40, 50 oder 60 oder wéi vill Prozent och ëmmer. Dat heescht, datt de Stat oder d'Allgemeng- heet, Stat mat de Gemengen, zu 100% de Contrôle doriwwer hätt.

Wat geschitt awer hei an deem Secteur? An dat ass och dat, wat mech immens iwwerrascht, wann ech kucken, wéi d'Dis- kussioun de Moment gefouert gëtt. Et gëtt de Moment gesot, wann hei eng Gemeng, wat fir eng et och ëmmer ass, hiert Netz an déi national Gesellschaft abréngt, dann ass dat dat nämlechte wat gemaach ginn ass an anere Secteuren, déi liberaliséiert gi si viru Joren. Da gëtt ëmmer d'Beispill erausgeholl vun der Eisebunn an England, wou gesot gëtt, d'Eisebunn an England ass privatiséiert ginn a kuckt, wat haut doraus ginn ass.

Ech wëll awer drop hiweisen, datt et e we- sentlechen Ënnerscheed gëtt tëscht deem, wat do geschitt ass, an deem, wat hei soll geschéien. Hei ass et net esou, datt eng Gemeng, zum Beispill dann d'Stad Lëtzebuerg an deem hei Fall, well déi jo am konkretste betraff ass, datt d'Stad Lët- zebuerg géif higoen a si géif hiert staark valoriséiert Netz huelen a si géif dat verka- fen un eng privat Gesellschaft a cash Suen anzéien, déi an hire Budget géife fléissen, fir zum Beispill e Budgetslach ze stoppen.

Mir verkafe jo net hei eist Netz, mä mir bréngen et an an eng national Gesell- schaft, fir do dann, wéi gesot, méi staark ze sinn um nationalen Niveau mat där hei. Dat heescht, mir sinn net an engem Kon- text vun enger Privatiséierung am Sënn, datt een, wéi dat ëmmer esou schéi gesot gëtt, säin Tafelsilber géif verscherbelen, fir cash Suen an d'Gemengekeess ze kréien. Dat ass hei net de Fall.

Et gëtt jo de Moment vill iwwer Reregul- léierung geschwat vun de Marchéen. Eng ganz wichteg Fro, iwwert déi mer an de- nen nächste Jore vill wäerten diskutéieren. Wann ee Marchéen, ekonomesch Marchéë wëllt rereguléieren, méi erëm Afloss do- robber kréien als Politik, als öffentlech Hand, da gëtt et zwou Méiglechkeeten.

Déi éischte ass, et schafft een e gesetzleche Rahmekader, deen dem private Secteur gewësse Konditiounen virschreift, wéi en ze fonctionnéieren huet, och am sozialen zum Beispill oder am ekologesche Beräich. Dat ass eng Méiglechkeet.

An déi zweet Méiglechkeet ass, et kann een dovun ausgoen, datt et Secteurs-clé ginn an der Economie, wou d'öffentlech Hand en Interessi huet, eng méi staark Main-mise direkt an der Economie ze be- halen. Dat heescht, wou se direkt ka mat decidéieren am ekonomesche Secteur.

Eigentlech ass dat eng klassesch Diskus- sioun, déi mer an de 70er Joren haten, wéi de Keynesianismus nach méi aktuell war, wou gesot ginn ass, d'öffentlech Hand muss net nëmme reguléierend agräifen um Niveau vu reglementaresche Kaderen, mä och um Niveau vu Participatiounen a privaten Entreprises, an dat beschten Ins- trument duerfir, dat sinn Entreprises d'éco- nomie mixte, wou de Stat entweder eng grouss Participatioun huet oder, deemno ëm wat et sech handelt, wann et vu ganz grousser Bedeitung ass - a bei der Ges- tioun vun de Réseauen ass et eng ganz grouss Bedeitung -, dann huet en en Inté- rê, souguer mindestens eng Majoritéit ze hunn an där Gesellschaft.

Et ass also an deem Sënn, wou mir et och gesinn, datt et sech hei ëm eng national Approche handelt, wou et ëm eng Reregul- léierung geet, aus der Iwwerleeung eraus vun enger Economie mixte.

A wann ech kucken - effektiv, de Paul Hel- minger huet virdru beschriwwen, wéi d'Si- tuatioun wat virdrun: Mir hate virdrun hei am Land, wat d'Reseauen ubelaangt, eng Situatioun, wou effektiv d'Stad Lëtzebuerg an e puer Gemengen eege Réseauen ha- ten, mä de groussen Deel vun de Réseauen am Land enger privater Gesellschaft ge- héiert huet, nämlech der Cegedel, wou de



Stat zwar och Aktionär war, mä nëmmen zu 40%, dat heescht emol net majoritär Aktionär war -, da stelle mer fest, datt, wann ech dann d'Beispill weiderféieren, dat elo sollt passéieren am Kontext vun der Stad Lëtzebuerg, dann, wann d'Stad Lëtzebuerg hei an d'Netzgesellschaft era-geet, mer da mat Sécherheet - de Stat mat der Stad Lëtzebuerg zesummen - large-ment iwwer 50% kréien - dat heescht, eng Majoritéit kréien an enger nationaler Gesellschaft.

Dat heescht, mir hunn eigentlech, wann een dat dann zu Enn denkt, wat de Contrôle iwwert déi national Réseauen ubelaangt, méi e grouse Contrôle vun der öffentlecher Hand haut dorobber, wann dat geschitt, wéi mer jeemools an deene leschte 50 Joer haten. An dat ass eppes, dat wëlle verschidde Leit einfach net wouerhunn, mä dat ass awer eng Realitéit.

Ech soen natierlech direkt derbäi, mir hätte léiwer als gréng, den Undeelsprozentsaz géif nach méi eropgoen a mir kéimen op déi 100% bei der Netzgesellschaft. Mä mir si jo och nach net ofgeschloss an deem Prozess. Mir kënnen jo nach kucken, wéi dat evoluéiert. An et muss ee jo emol kucken, wat fir eng Klauselen datt de Stat sech aus-gehandelt huet, fir eventuell den Undeel bei der Netzgesellschaft nach méi héich ze schrauwen.

Mä mindestens ass et alt relativ kloer herno, wat d'Netzer ubelaangt, d'Versue- rungssécherheet vun de Bierger am Land respektiv wat do geschitt, do ka keen eppes géint d'öffentlech Hand decidéieren, well d'öffentlech Hand huet hei d'Majori- téit.

Dat ass, wéi gesot, dat, wat wierklech stattfënnt.

Dat, wat net stattfënnt, ass alles dat, wat gebetsmühlenhaft a mat zimlech haarder Stëmm an deene leschte Stonne gesot ginn ass: D'Luuchte ginn aus; kee Mënsch kritt méi Stroum, well et gi keng Leitunge méi geluecht, wann dat dote geschitt, a verschiddene Géigende vum Land. Alles dat stëmmt net, wéi gesot, well d'Ges- tioun an d'Kontroll iwwert de Réseau ass an der öffentlecher Hand, wann dat herno fäerdeg ass.

Wéi gesot, d'Konditiounen just fir an déi Gesellschaft eranzegoen, déi sinn haut ën- nert de liberaliséierte Bedéngunge ganz anerer, an et ass wichteg, datt d'Gemeng- en dee Rôle do weider kënnen spillen. Mir hunn och dofir déi Proposition de loi ge- maach an der Zäit, wou mer gesot hunn, engersäits wollt mer op de Problem op- miersam maachen, mä och méi wäit wollt goen. Net méi wäit wollt goen, fir iergendeppes ze maachen, mä fir ze soen: Passt op, den Energiesektor, dat ass haut Stroum a Gas, dat ass haut och scho Fern- wärme, muer nach méi Fernwärme, et kommen aner alternativ Energien derbäi. Et kënnt Biogas derbäi. Ganz aner Mög- lichkeeten, déi mer an Zukunft kréien. An Dir wäert gesinn, no de Verhandlung vum Kopenhagen wäerten déi Secteuren nach méi eng grouss Roll spillen.

Och do si mir der Meenung, datt d'öffent- lech Hand, dat heescht virun allem och hei d'Gemengen, eng wichteg Roll mussen an der Zukunft spillen an datt se duerfir à même musse gesat ginn, fir kënnen kom- merziell tätég ze ginn op deem Sektor.

Mir dierfen dee Sektor net der Privathand ganz iwwerloossen. Mä kommt, mir ku- cken, datt mer eis Moyenë ginn, fir datt mer och do kënnen als öffentlech Hand tä- teg ginn!

Et ass dat de Grond, firwat mer déi Propo- sition de loi ënner anerem och nach ge- maach hunn, fir op dee Punkt hinzewe- sen, a wou mer gär gehat hätten, datt ei- gentlech déi Beräicher do och mat abezu gi wären. Mir hoffen och nach, datt dat eng Kéier wäert geschéien, Här President, an duerfir hu mer och déi Motioun ver- faasst, wou mer dorobber hiweisen, déi ënnerstëtzt och ass.

Also et ass eng gemeinsam Motioun, an der Logik natierlech och vun den Auteurs vun der Proposition de loi. Dat heescht, et waren Deputéierte vun der Demokrate- scher Partei an vun deene Gréngen. Duer- fir ass se och vun deenen zwee ënner- schriwwen, wou mer eigentlech gär hät- ten, wéi gesot, datt déi Aspekter wéi Fern- wärme, wéi alternativ Energien, Biogas an

esou weider, datt och doru geduecht gëtt. Datt d'Gemengen à même gesat ginn, fir och do méi aktiv ze ginn an deene Secteu- ren do.

Motion 1

La Chambre des Députés, considérant

- que le projet de loi 5846 se limite à modi- fier l'article 173bis de la loi communale mo- difiée du 13 décembre 1988 et vise à modi- fier les dispositions dans le seul domaine de l'électricité et du gaz;

- que le projet de loi ne tient pas assez compte des défis majeurs du 21^e siècle, no- tamment le changement climatique ainsi que le rôle des communes dans ce domaine;

- que la faculté d'initiative des communes en matière de l'utilisation rationnelle de l'éner- gie et de la promotion des énergies renouve- lables est clairement esquissée dans la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environne- ment;

- que la proposition de loi N°5746 permet au-delà de la mise à disposition de personnel communal, telle que prévue par le projet de loi, d'agir dans les secteurs où cela s'avère nécessaire, comme celui du chauffage à dis- tance par exemple;

- que notamment dans le domaine du chauffage à distance, plusieurs communes se trouvent dans une situation juridiquement précaire en relation avec la réglementation des taxes communales à facturer aux clients;

- que la Commission spéciale «Réorganisa- tion territoriale du Luxembourg» a retenu dans son rapport du 19 juin 2008 que «La commission spéciale estime que la sécurité de l'approvisionnement énergétique relève de l'action de l'État et qu'une loi devrait fixer le cadre de cette action à laquelle devrait être associées les communes ainsi que le rôle de chaque acteur dans la recherche de cette fi- nalité. Elle invite le Gouvernement, en l'oc- currence les Ministres ayant dans leurs attri- butions le département de l'intérieur, de l'en- vironnement et de l'énergie de procéder à l'élaboration d'une nouvelle législation dans les meilleurs délais. Il en résulte que la sécu- rité de l'approvisionnement énergétique ainsi que la réalisation des objectifs en mesure des énergies renouvelables est un devoir national qui doit pouvoir être réalisé à l'aide du ni- veau régional et local. Les communes pour- ront devenir actives chaque fois qu'il y a ca- rence de l'initiative privée.»;

invite le Gouvernement

- à définir dans le secteur de l'énergie le ca- dre légal et réglementaire adapté aux be- soins de toutes les activités des communes dans ce secteur;

- à présenter dans les meilleurs délais un projet de loi conformément au rapport de la Commission spéciale précité.

(s.) François Bausch, Fernand Etgen, Camille Gira, Paul Helminger, Henri Kox.

Dat ass och, iwwregens gëtt dat nach méi wéi bis elo vun eis verlaangt. Well wann ee kuckt op europäeschem Niveau, all Texter soen, déi vu Bréissel aus kommen, zu Recht menger Meenung no, datt grad an deenen dote Secteuren d'Gemengen déi wichtegst Acteure sinn. Well si um Terrain zum Beispill, wann ech de Biogas huelen, mat den Acteuren, mat de Baueren an esou weider kënnen direkt schaffen, fir ze kucken esou Strukturen op d'Been ze set- zen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kann ee laang iwwer Saachen diskutéie- ren. Et kann een och, wéi gesot, fir sech selwer decidéieren: Mir ass et eigentlech egal, wéi d'Welt sech weider beweegt. Ech wëll einfach, datt näischt sech ännert. Ech sinn och der Meenung, datt dat ka fonc- tionnéieren. An duerfir loosst, wann ech gelift, alles sinn esou wéi et haut ass.

Mir gleewen net dorunner. Mir gleewen awer par contre dorunner, datt wéi gesot de Stat an d'Gemengen an deem dote Sektor eng ganz wichteg Roll an der Zu- kunft kënnen spillen. Mä si kënnen se nëmme spillen, wa mer se à même setzen. Wa mer och zum Deel iwwer esou Saache wéi dat heiten an och Saachen, déi um nationale Plang de Moment virgesi sinn, Korrekture virhuelen un enger Liberaliséierungslogik, déi sécherlech virun e puer Joer nach am Kapp war vu verschidden aner Leit, wéi

d'Direktive geholl gi sinn, andeem mer nämlech da wéi gesot derfir suergen, datt d'öffentlech Hand iwwert déi verschid- denst Aart a Weisen an esou Secteure wéi dat do eng Roll ka spillen.

Wéi gesot, net veränneren heescht eiser Meenung no, datt ee voll an d'Mauer firt, datt da mat Sécherheet Aarbechtsplazen op d'Spill gesat ginn, datt et mat Sécher- heet zum Nodeel gëtt vun enger Entwéck- lung am Energiesektor insgesamt an awer och fir de Bierger insgesamt.

Dat ass eis Iwwerzeegung. Déi muss net vu jiddwerengem gedeelt ginn, mä mir stinn derzou, Här President, an duerfir wäerte mir dese Projet och stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Bausch Merci. An als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibé- ryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Merci och un de Kolleeg Gilles Roth, deen hei e ganz exzellenten an objektive Rap- port zu dësem Gesetzesprojet gemaach huet. E Gesetz, wat am Prinzip nëmmen dräi Artikelen huet, e ganz klenzt Gesetz, mä wat op där anerer Säit duerfir awer vill diskutéiert an ëmstridden ass.

D'Initiativ vun dësem Gesetz geet am Prin- zip op eng Proposition de loi vun de Kol- leegen Helminger, Bausch, Meisch a Gira vum 10. Juli 2007 zrëck. Dës Proposition de loi ass am Fong méi wäit gaangen, wéi de Projet de loi 5846, dee mer haut hei diskutéieren.

D'Proposition de loi huet generell vun de Services industriels, also vun allen Indus- trieservicer geschwat, déi eng Gemeng oder e Gemengesyndikat huet. De Projet de loi limitéiert sech op Gas an Électrici- téit.

(**M. Michel Wolter prend la présidence.**)

Déi éischt Fro, déi ee sech muss stellen, ass: Si mer forcéiert opgrond vun europä- eschen Direktiven dëst Gesetz ze maa- chen? D'Äntwert ass kloer: Neen. Dat ass och de Mëtten hei vum Rapporteur gesot ginn.

Mir sinn obligéiert opgrond vun europä- eschen Direktiven eng Liberalisatioun um Niveau vun der Fourniture, also dem Akaf an dem Verkaf virzehuelen, wat geschitt ass. Um Niveau vun der Gestiou an dem Entretien ass vun europäescher Säit weder eng Liberalisatioun nach eng Privatisa- tioun, wat an der Praxis datselwecht be- deit, virgeschriwwen.

Déi zweet Fro, déi ee sech muss stellen, ass: Fir wat fir Gemenge gëtt dat Gesetz da gemaach? Och hei ass d'Äntwert kloer: Just fir zwou Gemengen; d'Stad Lëtze- buerg an d'Stad Esch. Betraff si bei der Stad Lëtzebuerg 160 Leit am Électricitéits- a Gaswierk a bei der Stad Esch 60 Leit am Électricitéitswierk.

Wann dëst Gesetz gestëmmt gëtt, kënnen dës zwou Gemengen déi Persounen, déi an deene Servicer bei de Gemenge ge- schafft hunn, un eng Gesellschaft privat- rechtlecher Natur weiderginn. Am Geset- zestext heescht dat: «mettre à la disposi- tion de cette société».

Kloer ass, datt dës Leit dann net méi der Gemengenautoritéit ënnerstinn, mä der Autoritéit vun der privatrechtlecher Gesell- schaft. Am Text vum Gesetz steet duerfir: «Pour la durée de la mise à disposition, l'agent communal est placé sous l'autorité opérationnelle de la société de droit privé.»

D'Disziplinarmossname bleiwen um Ni- veau vun der Gemeng. D'Leit behale wuel hire Statut an hir Carrière, kënnen awer laut Ausso vun de Gewerkschaften an hirer Carrière gebremst ginn.

Sécher ass och, wann an Zukunft Postë va- kant ginn, déi nei Leit net méi vun der Ge- meng, mä vun der privatrechtlecher Ge- sellschaft ënnert dem private Statut age- stellt ginn.

Et stellt sech och hei déi prinzipiell Fro iwwert d'Flichten an d'Rechter vun enger Persoun, déi ënnert dem öffentleche Statut agestellt ginn ass, wéi se dës Rechte an dës Flichte vis-à-vis vun engem private Pa- tron kann, därerf oder muss erfüllen.

Mir hu gëschter an haut de Moien en Avis juridique kritt, dee sech och mat där doter Fro befaasst. Ech wëll net op den Avis juri- dique agoen, well mer en och net an der Kommissioun diskutéiert hunn, wat ze be- daueren ass, mä et ginn awer eng Rei vu Froen do opgeworf, déi net beäntwert ginn.

Dëst Gesetz werft also méi Froen op, wéi et Äntwerte gëtt. D'Gesetz misst net ge- maach ginn, mä et gëtt gemaach, well d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch ganz einfach hir Servicer wëlle privatiséieren. Hei gëtt en öffentleche Patrimoine privati- séiert,...

(**Interruption**)

...deen iwwer Jorzéngten - lauschtert mir no, wann ech gelift! - vum Steierzueler opgebaut ginn ass a vun de Konsumenten, de Bierger an dese Gemenge geschätzt ginn ass.

(**Interruption**)

Besser kann dese Service vum Bierger net ginn. Besser kann dese Service um Bierger net ginn. A sécher och net méi bëlleg.

D'ADR, déi sech an hirem neie Wahlpro- gramm derfir ausgeschwat huet, dass d'Käraufgaben an öffentlecher Hand musse bleiwen, a sech géint eng wëll Libe- ralisatioun ausgeschwat huet, wäert also géint dëst Gesetz stëmmen.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Wiem ge- héieren dann d'Reseauen an der Gemeng Fréiseng?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Presi- dent, mir schwätzen haut... Madame Bras- seur, mir schwätzen haut hei iwwert dëst Gesetz, an d'Gemeng Fréiseng hat ni e Ré- seau, wat hiren eegene war.

(**Brouhaha et hilarité**)

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- En huet enger Privatgesellschaft gehéiert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass nor- mal. Mir schwätzen hei, Här President...

(**Interruptions**)

► **M. le Président.**- Dréit lech nach eng Kéier ëm, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Si wëllen elo oflenken, mä dat wäert lech net glé- cken. Ech bleiwen elo hei bei mengem Text, a wann ech herno nach Zäit hunn, sinn ech gäre bereet, mat lech nach...

► **Plusieurs voix.**- Ooohhhh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- A wann Dir mir nach zéng Minutte weider gitt, oder eng hallef Stonn, sinn ech eng hallef Stonn bereet, hei mat lech iwwer all déi dote Froen ze diskutéieren.

Här President, ech verstinn iwwerhaapt net, firwat datt déi Gréng esou nervös sinn. Et gesäit een also, datt, wann een e Sinneswandel an deene leschten zéng Joer gemaach huet, da sinn et déi Gréng. An Dir misst haut ganz roueg sinn iwwert dat, wat Der haut hei plädéiert hutt.

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, géift Der eng Fro vum Här Bausch akzeptéie- ren?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen, elo net, Här President. Wann ech nach Zäit Rescht hunn...

(**Brouhaha**)

Neen!

► **Plusieurs voix.**- Ooohhhh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen!

► **Une voix.**- Ma dat zielt dach net.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Gitt mir Zäit, dann hunn ech kee Problem. Här Pre- sident, ech hunn elo schonn eng Minutt heiduerch verluer. Ech hu ganzer zéng Mi- nutten, fir hei ze schwätzen.

► **M. le Président.**- Dann ass et elo esou, dass den Här Gibéryen d'Wuert huet.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Presi- dent, e puer Wuert iwwert den Oflaf, wéi dëst Gesetz zustane komm ass. De Rapport ass an der Kommissioun ugeholl ginn den 21. Abrëll 2009, also virun de Wahlen. Mir



hätten also nach gutt Zäit gehat, fir virun de Wahlen dëst Gesetz ze stëmmen, mä et ass zrëckgesat ginn. Firwat? Ganz einfach, well Wahlen waren. Well d'Parteien dat, wat haut hei virun der Chamber stattfënn, wollte virun de Wahlen verhënneren. Duerfir ass et einfach zrëckgesat ginn.

An elo direkt eng Woch no de Wahlen gëtt dat Gesetz hei duerchgebaatscht, ouni datt d'Kommissioun nach konnt driwwer schwätzen, ouni datt d'Avisen nach konnte gekuckt ginn, ouni datt den Avis juridique konnt duerchgekuckt ginn. Et ass einfach virun de Wahlen aus elektorale Grënn zrëckgesat ginn, an elo gëtt et direkt déi éischt Woch no de Wahlen hei duerchgeholl.

Virun de Wahlen war nach eng Manifestatioun de 16. Mee an der Stad, wou all Gewerkschaften aus dem privaten an aus dem öffentleche Secteur solidaresch waren, d'Leit aus dem privaten an aus dem öffentleche Secteur, wou Schëlde matgedroe gi sinn. Ech kann lech nach eng Foto hei weisen: Neen zum Projet de loi 5846. Virun deem Schëld an hanner deem Schëld sinn eng ganz Rei vu Politiker a Gewerkschaftler matgetrëppelt, déi haut hei an der Chamber setzen.

Wa se also de 16. Mee mat manifestéiert hunn an der Stad géint dëst Gesetz, da solle se sech haut och wann ech gelift dorunner halen! Wann all déi Leit heibannen, déi an deene Gewerkschaften sinn, déi de 16. Mee manifestéiert hunn, ob dat d'CGFP, den LCGB, den OGB-L, de Landesverband, d'Syprolux an esou weider waren, sech géifen un dat halen, firwat datt se du mat manifestéiert hunn, wuelverstane virun de Wahlen, da wär haut eng grouss Majoritéit heibanne géint dëst Gesetz!

D'Roll vun de Gewerkschaftler, déi awer an der Zwëschenzäit Deputéiert gi sinn, muss een awer och hei ervirhiewen. Ech denken do un de Kollege Robert Weber,...

(Interruption)

...Nationalpresident vum LCGB; Marc Spautz, Generalsekretär vum LCGB; Ali Kaes, Sekretär vum LCGB. Déi sinn och op der Manifestatioun matgaangen.

Den Här Weber huet eng ganz dynamesch Ried do gehalen op der Manifestatioun, an eng ganz kämpferesch. Si hate Foularden ëm. Si ware bal a Kriegsbemalung opgetruede virun de Wahlen, fir ze weisen, wéi kämpferesch déi Gewerkschaften wäeren. A wou sinn se haut? Haut sëtze se hei an der Chamber a si kréien de Mond emol net hei an der Chamber op, fir dat ze verteidegen, wat se als Gewerkschaften verlaangt hunn.

(Brouhaha)

Gëschter huet den LCGB seng Leit erausgeschéckt, fir virun der Chamber ze manifestéieren, fir datt dee Punkt hei vum Ordre du jour erofkënn. Dat war gëschter, Här President! A wat hunn déi dräi Gewerkschaftsfunktionnaire vum LCGB, dee seng Leit virun d'Dier stellt a seet: Manifestéiert, fir datt de Punkt vum Ordre du jour erofkënn, wat hunn déi heibanne gemaach? Si hu mat Nee gestëmmt, Här President.

Den LCGB huet - et läit dobaussen am Préau - an Ärer Zeitung „Soziale Fortschrëtt“ eng nei Rubrik agefouert aus der Chamber. Do kënn Der vum Här Weber, vum Här Spautz a vum Här Ali Kaes liesen, wat si hei an der Chamber an Zukunft vertrieben. Ech proposéieren, Här President, datt den LCGB an der nächster Ausgab vum „Soziale Fortschrëtt“ de Bulletin de vote vu gëschter ofdréckt, fir datt d'Leit och gesinn, wat hir dräi Leit aus der LCGB-Féierungsequipe um Krautmaat hei vertrieben.

Si sollen dat ofdrécken, datt se hir Leit ustellen, virun der Dier ze manifestéieren, an hei an der Chamber stëmme si mat Neen. Ech géif se invitéieren, dat an hirer Zeitung déi nächste Kéier public ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an haut hunn dëselwecht Gewerkschaftler erëm hir Truppen erausgeschéckt, fir ze

streiken an ze manifestéieren, fir datt dat Gesetz net soll gestëmmt ginn. An dann héiere mir awer hei vum Riedner vun der CSV an och vun der LSAP, well et si jo och Leit vum OGB-L, déi heibanne sëtzen, datt dat Gesetz hei gestëmmt gëtt.

An de Combél - de Combél! -, Här President, ass, datt den Nationalpresident vum LCGB sech därmoossen an der Chamber fir seng Leit asetzt, datt en iwwerhaapt net do ass.

(Hilarité)

Deen huet de Mëtten emol net de Courage gehat, fir hei an d'Chamber ze kommen.

Här President, ech wollt dat ervirhiewen, well mer hei um Ufank vun enger Legislaturperiod sinn, wou Leit sech hei an d'Chamber wile gelooss hu vum Salariat, fir deenen hir Interessen ze verrieden. A wéi direkt hei beim éischte Vote déi hir eege Leit - hir eege Leit! - ugeschmiert hunn, dat wollt ech heimaddeer dokumentéieren, fir dervir ze warnen, wat mer nach vu Grausamkeete vun dëser Regierung wäerten an deenen nächste Méint hei an dësem Parlament, wa mer iwwer Sozialofbau schwätzen, virfannen.

Hei ass e gutt Beispill, wéi déi Leit sinn. Dee Culot muss een hunn, fir seng Leit opzehetzen, fir ze manifestéieren an ze streiken, fir datt eppes net soll hei an der Chamber geschéien, an dann hei an d'Chamber ze kommen an dat da stillschweigend ouni e Wuert ze soen an ouni e Kommentar ze maachen hei matzestëmmen! Dat ass en Hohn!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen.

Den Här Gibéryen huet seng Riedezäit ëm eng Minutt iwwerschratt, esou dass ech net méi kann an den Dialog tëschent him an dem Här Bausch zrëckkommen. Den Här Bausch huet nach Riedezäit. Wann e wëllt Stellung huelen am Laf vun der Debat zu deem, wat den Här Gibéryen gesot huet, da kann en dat selbstverständlech maachen. Mä ech mengen, dass d'Reglement eis elo net erlaabt, an deen doten Dialog anzetrieden. Ech géif den nächste Riedner opruffen, an dat ass den honorabelen Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, d'Form gëtt sécher elo e bëssen anescht, mä wun Inhaft hier wäert sech awer munches iwwerschneiden. Dat Gesetz zwéngt net, mä encouragéiert d'Gemengen zu enger Privatiséierung, déi net néideg ass an déi méi Schued wéi Notze bréngt.

Wien d'Kritik un der wirtschaftsliberaler Deregulierungspolitik wierklech eescht hëlt, dee kann dat Gesetz net stëmmen:

Éischstens, wann eng öffentlech Infrastruktur mat dem öffentleche Personal an eng Privatgesellschaft ausgelagert gëtt, dann ass dat eng Privatiséierung, och dann, wann d'öffentlech Hand um Kapital vun där Gesellschaft bedeelegt ass. An et ass e Präzedenzfall, wéi d'Chamber vun der Fonction publique dat geschriwwen huet.

Zweetens, nach eng Kéier, keng europäesch Direktiv verlaangt d'Liberaliséierung vun den Netzer. Et wär jo och grotesk, wann an enger Gemeng e puer Energienetzer niewentenaner sech géife Konkurrenz maachen.

Drëttens, fir mech gëllt nach ëmmer de Grondprinzip, dass Infrastrukturen, déi dem Allgemengwuel sollen dëngen, och an öffentlecher Hand solle sinn a bleiwen an no de Kritäre vum Service public, also vum Service um Bierger, an net vun der privatwirtschaftlecher Rendite gëréiert ginn, an dass se also der demokratescher Kontroll ënnerworf sinn, wat bei enger privatwirtschaftlecher Gesellschaft net de Fall ass.

A wann den Här Bausch seet: Mir müssen eppes änneren, da soen ech: Ech sinn absolut och mat Ännerungen a Reformen d'accord, awer net Reformen oder Ännerungen, déi deen dote Grondprinzip vun eiser Gesellschaft a Fro stellen.

Véiertens, d'Gemenge sinn duerchaus an der Lag, och ouni Partner mat hirem öffentleche Personal hir Netzer effikass ze gëréieren, souguer mat dem Avantage,

dass eng rational Planung an der Gemeng, eng urbanistesche Planung zum Beispill, duerch Zesummenaarbecht vu verschidde kommunale Serviceschaff favoriséiert gëtt.

Dem Här Helminger säin Argument, wat de Käschtepunkt vun der Gestiou vum Netz um kommunalen Niveau betrëfft, huet mech net iwwerzeegt, jiddefalls net esou wäit, dass een domadder e Grondprinzip géif a Fro stellen.

Fënneftens, et stëmmt net, dass d'Personal keng Nodeeler duerch dat Gesetz hätt. Ofgesi vun der Gefor vun enger lueser Ënnerhielegung vun hirem Statut - dat ass de Sënn vum Präzedenzfall, deen d'Chambre de la Fonction publique ugemahnt huet - an och onofhängeg dovunner, gi se och direkt geschiedegt, zum Beispill duerch d'Bestëmmungen iwwert d'Promotioun. An ech sinn der Iwwerzeugung, dass de Minister eis dat hei a senger Antwort ka confirméieren.

Sechstens, ech fannen et och rechtlech, fir net ze soe verfassungsméisseg héchst bedenklech, wa vereedegt Beamten enger privatrechtlecher Weisungsbefugnis ënnerworf ginn, also insofern net méi der öffentlecher Institutioun, déi se agestellt huet.

Siwintens, et gouf virun där Kommissiounssëtzung e Méindeg, am Géigendeel zu deem, wat nach gëschter hei gesot ginn ass, kee sozialen Dialog. Et gouf och kee Renvoi un d'Kommissioun, wéi dat decidéiert war. Well et ass an der Kommissioun net méi um Ordre du jour gewiescht fir e Réexamen, wat jo awer de Sënn vun engem Renvoi onbedéngt misst sinn. A mir konnten an där Kommissioun jo feststellen, wéi eng Mooss vu Mëssverständnis nach ëmmer a Bezuch op dat Gesetz besteet. Wann een amplat vum sozialen Dialog e soziale Konflikt wëllt provozéieren, da kann ee sech wuel net besser uleeën.

Aachtens,...

► **M. le Président.** - Här Hoffmann, entschëllegt.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Wann et geet, ech hunn nach...

► **M. le Président.** - Ech hunn lech d'duebel Riedezäit ginn. Ech wollt lech just bidden,...

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Neen, neen. Ech hunn am Ganze 4,75.

► **M. le Président.** - Zwou an eng hallef Minutten hutt Der zum Projet.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - An zu der Motioun huelen ech mat.

► **M. le Président.** - Fënnel Minutten hunn ech lech ginn. Ech wollt lech dat just elo matdeelen, dass Der vläicht an där nächster Minutt misst ofschléissen. Ech soen lech Merci.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Ech hunn awer zu der Motioun nach eppes mat zegutt.

► **M. le Président.** - Neen, dat ass net esou.

(Interruptions)

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Wann et drëm geet - an dat ass mäin achten a leschte Punkt -, den Undeel vun der öffentlecher Hand un der Gesellschaft Creos ze erhéien, da kann de Stat jo d'Parten opkafen, an da brauche mir net kommunal Réseauen ze privatiséieren.

Also, zum Schluss nach eng Kéier: Et kann een net am Zesummenhang vun der Kris d'Deregulierungspolitik a Fro stellen, an dann domat weiderfuere wéi wann näischt wär oder souguer nei Initiativen an déi Richtung huelen. An et ass selbstverständlech, dass ech géint dat Gesetz stëmmen.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Hoffmann Merci fir säi Bäitrag, an ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Deputéierte Schaaf.

► **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Merci, Här President. Also, et kéint ee jo elo nach ganz vill soen, mä ech wëll dat awer net maachen. Ech maachen dat ganz kuerz. Ech komme virun allem heihinner, fir eng Motioun ze déposéieren. Déi ass jo och scho virdrun ernimmt ginn.

A wann ech soen, et kéint ee vill soen, da kéint een natierlech hei nach schwätzen eng Kéier iwwert d'Liberalisatioun, iwwert d'Gemengenautonomie, iwwert déi Virga-

ben a Virschreften, déi een huet oder - ech kann och scho soen - mir hunn, well ech jo och aus enger Gemeng kommen, déi en Netz bedreift. Et kann ee sech Gedanke maachen iwwert d'Zukunftsvisionen am nationalen Interessi a wat de Präis dofir ass. Et kann ee sech iwwer villes Gedanke maachen. Ech wollt dat net maachen. Et ass och alles gesot vun de Virriedner, wat wesentlech ass zu dësem Projet. Ech mengen, dass jiddwereen en connaissance de cause haut ass.

Ech wollt awer just dem Här Gibéryen soen, dass den Här Weber net haut net hei ass, well en de Courage net hätt, fir hei ze sinn, mä en ass haut net hei, well en am Ausland eng international Gewerkschaftssitzung presidéiert. Wann e se presidéiert, dann huet e mat invitéiert viru Méint. An den Ordre du jour vun der Chamber, wësst Der, dee gëtt net méintlaang virdrun, mä eng Woch virdru fixéiert. Dat war him onméiglech. En huet dat direkt du gesot...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - E kéint awer Prioritéite setzen.

► **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Jee no deem, op wat fir enge Gremien een aktiv ass, kann een dat awer vläicht net maachen. Voilà! Ech wollt dat just soen, dass Der dat awer wësst.

(Interruptions)

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Et steet an der Verfassung: den zweeten Dënschdeg am Oktober.

► **Une voix.** - Dat héiert den Här Gibéryen net.

► **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Si mer? Voilà. Gutt.

Also, ech kommen heihinner, wéi gesot, fir eng Motioun ze déposéieren, mat där d'Chamber d'Regierung opfuerdert, fir déi Konventionen, déi an der Applikatioun vum Artikel 3 vun deem Gesetz mussen approvüiert ginn, och geneeëstens ze préiwen.

Dat ass eng Evidenz, kann ee soen. Mä mir hu jo awer alleguete gemierkt, gëschter an haut, an haut hu mer et och nach héieren, dass déi aktuell Salariée vun der Stad Lëtzebuerg sech Suerge maachen. Suerge maachen ëm hire Statut, ëm hire Loun an ëm hir Carrière. An duerfir wëlle mer mat dëser Motioun, déi vun CSV, LSAP, DP an déi gréng ënnerschriwwen ass, deen zustännege Minister opfuerderen, derfir ze suergen, dass an deene Konventionen besonnesche Wäert op d'Ofsécherung vun de Rechter vun de Leit geluecht gëtt.

Dobäi geet et ëm d'Aarbechtskonditionen, dobäi geet et ëm d'Entlounung, dobäi geet et ëm d'Avancementer vun den heitege Beschäftegten. Mir wëllen domadder och eng Kéier ënnersträichen, dass een déi Suerge vun de Leit héieren huet, mä dass een aus enger Rëtsch vun Argumenter, déi d'Virriedner gesot hunn, op déi ech net méi zrëckkommen, eben zu enger anerer Décisioun wéi de Status quo hei komm ass, an domadder der Gemeng eng Méiglechkeet gëtt, fir an der Zukunft anescht op d'Érausforderungen ze reagéieren, wéi se et bis haut gemaach huet oder konnt maachen.

Voilà! Dat gesot, wëll ech lech, Här President, déi Motioun hei ginn.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *soucieuse du respect des dispositions relatives au statut de l'agent communal visées à l'article 1^{er} du projet de loi N°5846 sur la mise à disposition par les communes de main-d'œuvre aux sociétés de droit privé opérant dans le domaine de l'électricité et du gaz;*

invite le Gouvernement

- *à veiller scrupuleusement au niveau des conventions à approuver par le Ministre de l'Intérieur au titre de l'article 3 afin que puissent notamment être évitées des modifications substantielles des conditions de travail, de rémunération et d'avancement des personnes concernées.*

(s.) Jean-Paul Schaaf, François Bausch, Claudia Dall'Agnol, Jean-Pierre Klein, Gilles Roth.

An ech wëll awer nach ofschléissend - et ass nach net geschitt - den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Merci.



► **M. le Président.**- Domadder ass d'Riednerléscht ofgeschloss. Den Här Bausch hat virdrun ugemellt, datt en nach eng Kéier wéilt Stellung huelen. Ech ginn lech d'Wuert, Här Bausch.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Jo. Merci, Här President. Ech wollt am Fong profitéieren dovunner, fir awer öffentlech déi Fro un den Här Gibéryen ze stellen, déi ech him wollt stellen. Wann en da keng Riedezäit méi huet, ech wär em och bereet dann en Deel vu menger zur Verfügung ze stellen, déi ech nach hunn, respektiv da kann en d'Äntwert jo herno dobausse ginn. Mä ech mengen, et ass awer interessant, öffentlech d'Fro ze stellen.

Ech hu mat vill Interessi säin Exkurs virdrun nogelauschtert iwwert d'Privatiséierung, a mat wéi enger Vehemenz datt hie sech géint d'Privatiséierung agesat huet. An do ass mer natierlech eppes an de Kapp komm, wat ech scho méi wéi eng Kéier erlieft hu vun dem Här Henckes, säin Noper an der Fraktioun, op enger anerer Plaz, wou en och tätég ass, deen awer net ëmmer onbedéngt esou déi Linn verfolgegt huet.

Duerfir, meng Fro ass un hien: Wéi erkläert e sech dann, wa seng Partei, oder hien huet jo sécher am Numm vu senger Partei geschwat, esou vehement géint d'Privatiséierung ass, wéi en dat gesot huet, datt an der Stad den Här Henckes all Kéiers wa mer Buschauffeuren als Beamten astellen, ëmmer als Eenzege dergéint stëmmt, datt mer déi astellen, well en ëmmer seet: Meng Begrënnung ass, ech hätt gär, datt de ganze Busdëngscht privatiséiert gëtt?

(*Hilarité*)

Ech wär frou, wann ech dorop eng Äntwert kéint kréien.

(*Interruption*)

► **Une voix.**- Skandal!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, kann ech d'Äntwert an 30 Sekonne ginn?

Merci, Här President, 30 Sekonne geet duer. Et ass net nëmme den Här Henckes, deen an der Vergangenheet fir d'Privatiséierung geschwat huet. D'ADR als solch huet an der Vergangenheet eng Politik gemaach, déi éischter pro Liberaliséierung war. Et ass ganz kloer. A mir hunn dat intensiv virun de Wahlen duerkediskutéiert. An an eise neie Wahlprogramm, duerfir hunn ech gesot virdrun, steet dran, datt mir net méi fir eng einfach Liberaliséierung a Privatiséierung wären.

(*Interruption*)

A mir halen eis, au contraire zu anere Leit, un eise Wahlprogramm!

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Wéi laang bleift dat dann?

► **Une voix.**- Bis d'nächst Woch.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här President, wann dat esou ass wéi den Här Gibéryen dat seet, da muss e mer awer erklären... Oder mer mussen mindestens Sanktiounen huele géint den Här Henckes, well den Här Henckes huet bei der leschter Astellung vu Chauffeuren nämlech an der Summerpau am Gemengerot, dat heescht no de Chamberswahlen, nach ëmmer d'nämlech sech verhole wéi virdrun.

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **Une voix.**- Den Här Henckes hat dee Programm net gelies!

► **Une autre voix.**- Wat sot Der elo, Här Gibéryen?

(*Hilarité*)

► **M. le Président.**- Nodeem elo d'Diskussioun iwwert de Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg dann och nach ofgeschloss ass, géif ech d'Regierung froen, fir eis hir Meenung zum Projet och nach ze ginn. Ech géif dem Innenminister, dem Här Halsdorf, d'Wuert ginn.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et war d'Summerlach.

(*Interruptions et hilarité*)

► **Une voix.**- Wivill hutt Der der?

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech bräicht net méi an den De-

tail vum Projet de loi ze goen. De Gilles Roth, de Rapporteur, huet e gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport gemaach. En huet d'Problematik gutt beschriwwen.

All déi Leit, déi hei waren, hunn och gemierkt, dass et wierklech e Besoin gëtt, e Bedarf gëtt, e staarke Wëlle gëtt, fir eben dës Méiglechkeet de Gemengen ze ginn, fir eventuell kënnen eng sougenannte Mise à disposition, en Détachement oder e Prêt temporaire de main-d'œuvre ze maachen. Dat schéngt kloer ze sinn, an d'Geschicht vun deem Projet de loi fänkt och Enn 2007 un, wou dann eng Motioun abruucht ginn ass, déi dann iwwert d'Chamber reliéiert ginn ass a bei de Minister komm ass. An de Minister huet e Projet de loi gemaach, an dee Projet de loi, deen en als Ministre de tutelle vun de Gemenge gemaach huet, zeechent sech doduerch aus, dass e versicht huet, d'Interesse vun de Gemengen an d'Interesse vun den Arbeitnehmer ze respektéieren.

Ech ka mech gutt erënneren, an ech war e puermol derbäi, wéi am Zentral oder an de Commissions centrales diskutéiert ginn ass - de Jempi Klein war och derbäi, hie weess dat och -, wéi mer iwwert dëse Projet diskutéiert hunn, wéi mer versicht hunn, justement eis Moyenen ze ginn, dass d'Interesse vun den Arbeitnehmer respektéiert ginn.

Fir mech ass et kloer, hei ginn déi statutaresch Rechter, déi bleiwe bestoen, déi gi respektéiert. Ech mengen, och den Avis vum Statsrot weist hei ganz kloer, wat dat ugeet, dass do am Fong geholl eng kloer Situatioun ass.

Richtig ass, dass dat Gesetz also eng Reaktioun ass op en Zoustand oder eng Äntwert op eng Fro, déi mer wëlle léisen. Et ass keng Aktioun vun der Regierung, déi eng nei Politik wëllt maachen, mä et ass einfach de Wëllen, de Gemengen eng Hand mat unzepaken.

A wa mer eng Minorité de blocage an d'Gesetz geschriwwen hunn, wa mer d'Participation directe an indirecte an d'Gesetz erageschriwwen hunn, ass et kloer de Wëllen, fir de Leit, de Gemengen ze hëllefen an den Arbeitnehmer ze hëllefen.

An esou wäert ech dann och, wann elo déi Konventiounen an de Ministère wäerte komme vun deene Gemengen, déi eventuell interesséiert sinn, oder vun där Gemeng, déi eventuell interesséiert ass, wäert ech déi ganz opmierksam kucken, wësend, dass virdu schonn déi eenzel Gemengeréit dës Konventioun gekuckt hunn an - ech hoffen dann - hir Hausaufgabe gutt gemaach hunn, dass se am Kapp hunn, wat haut an hei diskutéiert gëtt oder gouf, dass se am Kapp hunn, wat am Fong geholl d'Aboutissanté si vun deem Gesetz.

Am Fong geholl géif ech soen, ech géif d'Konventioun „dans la lettre et dans l'esprit de la loi“ kucken a géif dann och dee Moment déi Remarqué maachen, déi sech imposéieren.

Ech géif also ofschléissend soen, mir hunn alles gemaach am Interessi vun deem engen a vun deem aneren. D'Opportunitéit vun enger Auslagerung, déi ass sécherlech eng Fro, mä déi gëtt mat dësem Gesetz sécherlech net beäntwert.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

(*Brouhaha général*)

► **M. le Président.**- Den Här Wirtschaftsminister Krecké huet d'Wuert nach gefrot.

► **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen...

(*Interruptions et hilarité*)

► **Une voix.**- Dir musst an den lelebu néizen!

(*Hilarité*)

► **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Här President, meng Stëmm ass net gutt; dat ass eng gutt Garantie, dass et net laang dauert. Ech hunn awer gemengt, als Wirtschafts- anEnergeminister vläicht awer zwee Wuert ze soen zu der Entwécklung, esou wéi se sech gewisen huet.

Mir hu vun enger nationaler Netzgesellschaft 2005 geschwat, an ech mengen, et war en nationale Konsens, dass ee soll probéieren, esou eppes ze maachen. Mir hunn dat probéiert.

Et muss ee wëssen, dass deemools d'Gesellschaft Cegedel a Soteg Netzer haten, de Gros vun den Netzer, an dass de Stat do absolut net den allengege Besëtzer war an dass en an der Soteg souguer nëmme 31% huet.

Mir hunn also déi Gesellschaft Enovos a Creos gegrënnt, well mer gemengt hunn, mir hätten do en anstänneg Instrument, fir déi Netzer ze géréieren. Et konnt ee sech jo kaum virstellen, dass ee géif alles, wat et am Land gëtt, eriwuer an d'Gemengen huelen, an et wär méi einfach gewiescht, mir hätten also eng Plattform geschaf, wou gegebenensfalls, wa se wëllen, d'Gemengen och kënnen sech dru bedeelegen.

Ech soen nach eng Kéier: Weder eng europäesch Direktiv nach dat hei Gesetz nach dat Gesetz vun der Liberaliséierung ass esou geaart, dass hei iergendeen en Zwang huet, dat ze maachen. Hei kann all Gemeng decidéieren, wéi se dat wëllt maachen.

Ech wollt net stoe loosse awer dee Reproche, et wär kee Sozialdialog ginn. Ech hunn en intensiven Dialog souwuel mat de Gemenge gefouert ab - géif ech soen - November 2006, ier dat Gesetz komm ass vun 2007 am Juli, an och duerno regelméisseg d'Gemengen informéiert, wat als Enovos herno eventuell kéint erauskommen, an ech hunn datselwecht mam Personal gemaach. Ech weess net méi, wéi oft ech d'Leit souwuel vu Cegedel a Soteg gesinn hunn. Derbäikomm sinn an der leschter Zäit och regelméisseg déi Leit vun der Stad Esch an déi Leit vun der Stad Lëtzebuerg. Si waren also am Dialog mat deem Minister, deen amgaange war, eng Plattform ze schafen, wou ee kéint eng national Netzgesellschaft op d'Bee kréien. Dat ass ee Wee. Et wären nach aner Weeër gewiescht, mä dat do war een.

39% hu mer an där Gesellschaft. Elo ass Luxgaz bäikomm. Domat sinn 43 Gemenge bäikomm, déi elo 3% kréien. Do huet de Stat 3% méi doranner. Wann aner Gemenge bäikommen, geet dee Part ëmmer an d'Luucht, an dat war den Zweck. Creos, d'Netzgesellschaft, soll wa méiglech lues a lues méi staark ginn, soll u sech méi stabil ginn. Mä soulaang wéi d'Netzer a Gemengenhand sinn, kënnen d'Gemenge selwer doriwwer decidéieren. Wa si dat wëllen halen an déi Obligatiounen, déi do sinn, fäerdeg bréngen, da maache se et.

Mä et ass awer, ech muss éierlech soen, ee Moment vu mir de Gemenge gesot ginn: „Wär et net besser, wa mer eis eens sinn, fir eng national Gesellschaft ze maachen, dass mer géife kucken, dat op darselwechter Plattform ze maachen?“ Dat war d'Propos, déi ech hinne gemaach hunn.

A wat geschitt u sech, wann - loosse mer soen - Gemenge bäikommen? Ech hunn lech et elo gesot: Mir gi méi staark.

Wat ech dobaussen héieren hunn, mengt een, et wär een an iergendenger Wildwuchsgesellschaft. Hei ass de Stat 39% Aktionär, an an där Netzgesellschaft huet e sech d'Recht geholl, ëmmer méi staark ze gi mat der öffentlecher Hand, esou wéi d'Gemenge bäikommen, well se eben net an der Produktioun a Verkaufsgesellschaft Undeeler kréien, mä alles als Undeel kréien an der Netzgesellschaft, fir dass d'öffentlech Hand do méi staark gëtt.

A mäi Wonsch ass, dass mer lues a lues an d'Luucht ginn doranner an dass mer eng koordinéiert Aart a Weis hunn, wéi mer mat deenen Netzer ëmginn.

De Stat huet d'Recht, souwuel den Enovos-President wéi och de Creos-President ze nennen. De Stat huet d'Recht, wann et muer eis ze bont gëtt - mir hunn e Virkafrecht -, kënnen mir als Stat de Rescht vun de Parten an der Netzgesellschaft opkafen. Mä mir hunn den Zweck elo net gesinn. Mir hu gemengt, et wär besser, lues a lues kéint déi eng oder déi aner Gemeng bäikommen an doduerjer kéinte mer an d'Luucht goen.

Ech hunn elo just gesot, ech hu Gesprecher gefouert mat der Stad Lëtzebuerg. Virdu schonn ass dat de Fall gewiescht

iwwert d'Soteg, an och elo, mat Sudgaz hat ech och e Gespréich, déi hu gesot: „Et ass kee Besoin fir de Moment.“ Sot ech: „Okay, da maacht wéi Der wëllt, da bleift Der am Moment dobaussen.“ Mä Luxgaz, déi ware bereet eranzekommen, also ware se och wëllkomm. An där Gesellschaft hu mer derfir gesuergt, dass véier Vertrieeder extra fir d'Gemegevertrieeder do sinn, hu mer gesuergt, dass mam Personal ëmmer d'öffentlech Hand och kann decidéieren.

Souguer hu mer festgehalten, wann net de wirtschaftlechen Notzen esou kloer erginn ass, wa mir als öffentlech Hand decidéieren, als Stat, dass mir mengen, dass eng Investitioun noutwendeg ass, da muss déi getätegt ginn.

Ech mengen, vill méi Rechter kann eng Gesellschaft am privatrechtlechen Deel sech bal net huelen. De Stat ass also staark a ka mat de Gemenge méi staark ginn.

Mat deem Gesetz hei maache mir soss näischt, wéi dass mer de Leit erlaben, déi gegebenensfalls do matschaffe sollen, dass déi ofgeséichert sinn, dass se all hir Rechter behalen, dass se u sech keen Nodeel un där ganzer Affär hunn.

Ech menge schonn, dass een dat Gesetz hei soll stëmmen an da probéieren ëmzesetzen. Awer déi Ëmsetzung, déi läit da bei de Gemengen. Si si wëllkomm op där Plattform, wou ech gesot hunn, mä et ass all Gemeng, déi dat selwer decidéiert. De Wirtschafts- an den Energieminister wäert ni en Drock ausüben, well en huet keen Drock. En huet keen Drockmëttel weder iwwert d'Gesetz nach iwwer eng Direktiv. Et ka just de Bon sens sinn, deen eventuell eng Kéier mécht, dass een zesummeschafft an den Netzer, wou et mäi Wonsch ass, wéi gesot, dass d'öffentlech Hand d'Mainmise huet.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen och der Regierung Merci fir hire Bäitrag. D'Diskussioun wär domadder ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5846. Den Text steet am Document parlementaire 5846⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Da kommen d'Votes par procuration. Wann och déi ofgi sinn, ass de Vote heimadder ofgeschloss.

D'Resultat vum Vote ass folgend: Mat Jo hu gestëmmt 54 Deputéiert, mat Nee 5 a kee mat enger Abstentioun. De Projet de loi 5846 ass deemno mat 54 géint 5 a kenger Enthaltung ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?



(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir hunn nach zwou Motiounen hei déposéiert kritt.

Motion 1

Eng éischt Motioun ass déposéiert gi vum honorabelen Deputéierte Bausch. Ass een, deen zu där Motioun nach d'Wuert freet?

Den Här Schiltz huet d'Wuert.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Ech wollt zu där Motioun soen, datt se dee Kader, deen hei tracéiert gëtt vun deem Gesetz, dépasséiert, de Kader vun deem Gesetz, wat dee vum Elektresch a vum Gas ass, an datt ech séier der Meenung sinn am Numm vu menger Fraktioun, datt mer eis sollen un dee Kader haut halen. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass: Wat d'Energie ubelaangt, hu mer hei Enn Juli, d'Majoritéitsparteien, e Koalitionsaccord guttgeheescht, wou op zwou Säiten detailléiert gëtt, nämlech d'Säiten 63 a 40, wat d'Stoussrichtung an der Energiepolitik ass. Ech géif mech séier och dorunner wëllen halen. An aus deenen zwéi Grënn géif meng Fraktioun déi Motioun hei net stëmmen.

Ech sinn och gespaant, wéi d'ADR wäert hei zu där Motioun stëmmen. Well et brauch een nëmmen an de Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg kucken ze goen, fir Divergenze festzustellen. Ech wëll dorun erënneren, datt beim éischte Gesetz hei am Juli den Här Kartheiser, dee jo och e Gewerkschaftler ass, dem Här Gibéryen d'Gefolleschaft schonn eng Kéier verweigert hat.

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Dann huet den Här Gira d'Wuert gefrot.

(Interruption)

Entschëllegt, Här Gibéryen, den Här Gira huet d'Wuert gefrot, an da kënnt Dir och nach duerno drukommen.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Herr President, ech sinn elo e bëssen iwwerrascht iwwert d'Positioun vun der CSV-Fraktioun, nodeem ech e puermol Récksprouch geholl hat an och interpelléiert hunn den Innenminister. An der jeeweileger Kommissioun krut ech e puermol gesot, et wär e Groupe interministériel amgaangen, fir de Problem do ze léisen, fir eis e Projet de loi op den Dësch ze bréngen, wou déi gesamt Kompetenze vun de Gemengen am Energieberäich solle geléist ginn.

Elo sinn ech iwwerrascht, dass dat elo anscheinend net méi wouer ass. Déi Motioun hei war geduecht, fir dass mer Vitesse dora kréien. Ech kennen eng ganz Rei besonnesch kleng Gemengen, déi waarden dorop, dass se endlech Feu vert kréien, fir an deem Beräich alternativ Energien, Nahwärmenetzer op Basis vu Biogas an esou weider an esou fort, dass se endlech kënnen dat maachen, wat de Fränz Bausch elo éinrescht gesot huet, nämlech de kommunalen Aktiounsradius an deem Beräich erweideren a selwer eventuell mat private Partner aktiv ginn.

Elo sinn ech e bëssen iwwerrascht, dass hei zumindest vun der CSV-Fraktioun e ganze Revirement kënnt. Da kann ech jo nëmme feststellen, dass d'CSV-Fraktioun anscheinend eng aner Positioun huet wéi hiren Innenminister.

► **M. le Président.**- Den Här Gibéryen huet d'Wuert gefrot.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Zur Motioun wëll ech dem Här Schiltz soen, datt - au contraire vun der CSV - an der ADR och nach deen eenzelnen Deputéierten därer seng eege Meenung hunn.

(Hilarité et brouhaha général)

Den Här Schiltz huet jo elo hei zouginn, datt an der CSV jiddwereen esou muss stëmmen, wéi et vun uewen erof diktiert gëtt.

► **Une voix.**- Dat stëmmt net.

(Interruptions)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wann dat esou de Fall ass, dann hätt Der am Fong keng 26 Deputéiert gebraucht, da wär et mat engem duergaangen.

► **Une voix.**- Dat steet haut am „Wort“. Liest emol d'„Wort“ vun haut. Do steet et dran, wéi se mussen stëmmen.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Ech mengen, den Här Gibéryen huet Saache gehéiert, déi ech net gesot hunn. Ech be-loossen...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo dach, bei lech wär et d'Fraktioun.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Ech be-loossen et awer elo do derbäi, well ech mengen net, datt deen Débat nach iergendwéi...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Voilà! Ech mengen och.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- ...zu eppes géif féieren. Mä dat, wat Dir hei gesot hutt,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...wéi dat, wat Der lech weider blaméiert.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Wat Dir hei gesot hutt, Här Gibéryen, hunn ech net gesot. Ech hu just festgestallt, datt am Juli bei enger klenger Detailfro...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wat heescht hei kleng!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- ...Är Fraktioun net zesummestoug.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo! Dat war de Fall.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Meng Fraktioun steet zu deem Koalitionsaccord, deen ofgemaach ginn ass an dee mer guttgeheescht hunn. Et ass eppes ganz anescht wéi dat, wat Dir hei sot.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Kuckt emol den Här Kaes, wéi dee strahlt, well en haut huet därer matstëmmen.

(Hilarité)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Dem Här Gira wëll ech soen, datt déi Elementer alleguerten am Koalitionsaccord an enger anerer Form drastinn. Et gëtt nämlech geschwat vun engem Plan d'action stratégique national. Et geet an déi Richtung, mä et geet vläicht net grad an déi Richtung op Basis vun deene Prämissen, déi an Ärer Motioun stinn. Duerfir wäerte mer se och net stëmmen.

Et kënnt wéi gesot derbäi, datt mer gären de Kader hei tracéieren, wat deen ass vum Elektreschen a vum Gas, an net doriwuer erausgoen.

Et ass legitim, vu datt Dir den Auteur vun där origineller Proposition de loi sidd, datt Dir dat erëm probéiert. Et ass gradesou legitim, datt mer net haut mat op dee Wee ginn. Mä déi Fro läit um Dësch, mir wäerte se diskutéieren.

► **M. le Président.**- Ass soss nach e Member vun der Chamber, deen d'Wuert freet? Wann dat net de Fall ass, da géif ech der Regierung wëllen d'Wuert ginn. Här Minister Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Merci, Här President. Ech mengen, ech kéint mech deem ralliéieren, wat de Fraktionspresident vun der CSV gesot huet.

Déi Motioun hei ass, wat de fréiere Chamberspräsident ëmmer gesot huet - säi Lieblingswuert -, déi ass superfétatoire.

Dat heescht, mir si ganz kloer, déi heite Majoritéit weess, wat ze maachen ass. An där leschter Regierung hat ech d'Chance, déiselwecht Aufgab ze maache wéi an där Regierung, an ech wëll jo an der Kontinuitéit schaffen. Ech muss net onbedéngt opgefuerdert ginn als Innenminister, fir eppes ze maachen. Mir maachen dat, mir sinn amgaangen dorun ze strécken. Ech mengen, duerfir sollt een déi heite Motioun ofweisen, well se superfétatoire ass.

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Den Här Bausch huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Ech wollt dem Här Innenminister awer eng Fro do stellen. Ech sinn do ganz perturbéiert.

Här Innenminister, ech wollt lech awer elo eng Fro stellen, ech sinn elo ganz perturbéiert, well Dir sot, Dir bräicht net opgefuerdert ze gi vun der Chamber, fir eppes ze maachen, wat Der souwisou wëlles hätt ze maachen. Mir hunn elo grad eng Motioun ofgestëmmt, déi vun Ären eegene Fraktionskolleegen déposéiert ginn ass. Do steet eigentlech och, do gitt Der och opgefuerdert, fir eppes ze maachen, wat Der souwisou eigentlech an Äre Missioun wëlles hutt ze maachen.

Et muss ee sech awer vläicht eng Kéier decidéieren, wat ee wëllt. Ech mengen awer éierlech gesot, datt mer all wëssen, datt grad an deem do Secteur vill Gemenge ganz innovativ waren an och vill Risikoën agaange sinn, well se an enger juristescher prekärer Situatioun sinn.

Mir wëssen duerfir alleguer, datt et awer Zäit gëtt, wa mer wëllen d'Gemengen an eng juristescher propper Basis bréngen. Fir datt se och wirklech kënnen weider Acteure ginn op deem Terrain, mussen mer schnell handeln.

Also, et geet eis och elo net dorëm, ob déi Motioun hei ugeholl gëtt oder net, mä et geet eis dorëm, datt mer wann ech gelift séier do zu engem positive Resultat kommen, fir datt eis Gemengen à même ginn, do ze schaffen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech wollt den Här Bausch froen, wann ech säi leschte Saz interpretéieren: Hält e seng Motioun oprecht oder seet en...

(Interruption)

Mir stëmme se of. Neen, et war just, well een am leschte Saz hätt kënnen interpretéieren, datt e se géif zrëckzéien.

Da géife mer zum Vote iwwert dës Motioun kommen, déi vum Här Bausch déposéiert ginn ass.

Vote

De Vote ass un. De Vote par procuration, wann ech gelift. De Vote ass ofgeschloss. D'Resultat ass: Fir d'Motioun vum Här Bausch hu gestëmmt 16 Deputéierten, dergéint 42, bei 1 Enthaltung.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Ass eng Persoun, déi déi Enthaltung wëllt justifiéieren oder begrënnen? Pardon. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Also, ech si mat den Terme vun der Motioun insoufern averstanen. Ech sinn am Allgemengen der Meenung an net fir d'éischt eréischt haut, dass iwwert d'Loi communale respektiv iwwer och aner Gesetzer d'Méiglechkeete vun de Gemengen an deenen ënnerschiddlechen Domäne missten erweidert ginn.

Wat mer awer an der Motioun feelt, an ech hunn och net eng Ännerung proposéiert, well ech mengen, dass d'Auteure vun der Motioun déi och net akzeptéiert hätten, dat wär, dass, wann déi Méiglechkeete vun de Gemengen erweidert ginn, dann onbedéngt muss garantéiert sinn, dass dat am Kader vun de Grondprinzipie vum Service public misst geschéien.

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Mir sinn elo net an enger Diskussioun, mir sinn an enger Begrënnung...

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Da sidd Der awer am Widersproch mat deem anere Gesetz!

(Interruptions)

Neen, neen!

► **M. le Président.**- Mir huelen d'Begrënnung vun Här Hoffmann esou entgéint. Domadder wär d'Diskussioun iwwert dës Motioun ofgeschloss, a mir géifen iwwergoen op d'Motioun N°2, déi déposéiert ginn ass vum Här Schaaf.

Motion 2

Gëtt et dozou eng Wuertmeldung?

Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. De Mëtteg hu vill vun de Riedner hei dorop higewisen, datt duerch dëst Gesetz d'Personal vun de Gemenge kee Schued kéint erliden, mä datt et all seng Rechter géif behalen.

Duerfir huet déi Motioun mech hei e bëssen iwwerrascht, datt do eng Motioun gemaach gëtt, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, bei dem Approuvéiere vun der Konventioun scrupuleusement dorop opzepasst «...pour éviter des modifications substantielles des conditions de travail, de rémunération et d'avancement des personnes concernées».

Wann dat esou ass, wéi dat de Mëtteg hei gesot ginn ass, da bräichte mer jo keng esou Motioun, well da wier d'Gesetz jo kloer. A wann ech da kucken, wat ass iwwerhaapt de juristesche Wäert vun enger Motioun: Wann et zu engem Sträitfall kënnt, da spillt déi Motioun iwwerhaapt kee Wäert, mä just de Gesetzestext.

Mä och dës Motioun léisst Verschlechterungen zou, well se schreift vu Modifications substantielles. Dat heescht, et kënnen souguer nach mat dëser Motioun Verschlechterungen fir d'Leit an de Conditions de travail, an de Rémunérations, an den Avancements kommen. Si däreften, laut der Motioun, just net substanzuell sinn.

► **M. le Président.**- Ass en anere Kolleeg, deen d'Wuert dozou nach freet? Den Här Hoffmann huet d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Also am selwechte Sënn. Dat heescht, nodeem mer hei laang a breet erkläert kruten, effektiv am Géigendeel vu menger Meenung, dass sech un de Konditiounen, den Aarbechtskonditiounen, Rémunération, Avancement vun Personal näischt géif änneren, gi mer hei quasi opgefuerdert eng Motioun ze stëmmen, déi dat verlaangt quasi. Well do steet: «éviter des modifications substantielles». Net «éviter des modifications».

Dat heescht, mir stëmmen hei derfir, dass Modifikatiounen bei den Aarbechtsbedéngungen, bei der Rémunération, bei dem Avancement eigentlech solle kommen, mä just net substanzuell. Also, dat geet emol net duer fir eng Abstentioun, do muss een also schonn dergéint stëmmen.

Déi aner Fro, dat ass, wann hei steet, iwwert d'Konventioun soll gekuckt ginn, keng Modifikatiounen beim Avancement vun de Persounen; et deet mer leed, wann d'Promotioun geregelt si bei de Gemengen iwwer e Gesetz, da kann och eng Konventioun näischt dorunner änneren. An de Minister kann och net un der Konventioun eppes änneren, souguer wann e gudde Wëllen hätt, wat dee Moment de Promotionsdispositiounen am Gesetz oder an de Reglementer géif entsprechen.

Also, ech stëmme géint déi Motioun.

► **M. le Président.**- Ech gesi soss keng Wuertmeldung zu dëser Motioun. Ass de Vote électronique gefrot?

(Assentiment)

Et si fënnef Kolleegen, déi dat froen. Ech ginn dervun aus...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här Hoffmann, frot Dir och de Vote électronique?

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gibéryen Merci fir d'Hëllef, déi e mer gëtt hei bei der éischter Kéier, wou ech déi Aar-



becht hei maachen. Ech stelle fest, dass fënnef Kollegeen de Vote électronique froen, an ech géif da froen, dass e lancéiert gëtt.

Vote

Dat ass geschitt. Mir géifen zum Vote par procuration kommen. Och dat ass eriwwer.

D'Resultat vum Vote ass, dass 54 Deputéierte mat Jo gestëmmt hunn a 5 mat Neen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Mir géifen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut kommen. Dat ass de Projet de loi 5721, wou et ëm eng Konvention am Energieberäich geet. D'Riedezäit ass fixéiert ginn nom Basismodell. Et huet sech ageschriwwen bis elo just den Här Bauler, an ech géif dann d'Wuert dem Rapporteur vum Projet de loi, dem honorabelen Här Bodry, ginn.

10. 5721 - Projet de loi portant approbation de l'Acte final de la Conférence internationale et de la décision de la Conférence sur la Charte de l'Énergie relative à l'amendement des dispositions commerciales du Traité sur la Charte de l'Énergie, adoptés à Bruxelles, les 23 et 24 avril 1998

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, deen heite Projet brauch lech net allze laang haut opzehalen. Bei dësem Projet geet et ëm eng Ofännerung vun engem europäeschen Traité iwwert d'Energiecharta.

Den ablacklechen Traité, dee geet eigentlech op d'Joer 1994 zrëck, wou Lëtzebuerg deen Traité iwwert d'Energiecharta ënnerschriwwen huet, zesumme mat 44 anere Länner.

Deen Traité ass duerch e Gesetz vum 1997 hei an d'Lëtzebuurger Recht iwwerholl ginn. A schonn eng Woch méi spët wéi säin Akraafttreden, dat war am Abrëll 1998, huet eng Konferenz eng Modifikatioun vun deem Traité iwwert d'Charte européenne de l'énergie virgeholl, wou et haaptsächlech drëm gaangen ass fir déi kommerziell Klauselen an eenzelne Punkten ëmzeänneren, ze adaptéieren.

Ee Wuert just zum Ursprung nach eng Kéier vun der europäescher Charte iwwert d'Energie insgesamt. Do geet et am Fong drëm fir a ganz Europa - dat geet also wäit iwwert d'Europäesch Unioun eraus -, fir eng Ofsécherung vun der Energieversuergung ze maachen, fir de fräien Transit vun der Energie duerch d'Länner ze garantéieren respektiv fir eng Verbesserung och vun der Sécherheet a vun der Ëmweltverträglechkeet vun deem Energietransport do ze garantéieren, wou och besonnesch wéi gesot vill Mëtzel an osteuropäesche Länner mat Signatairé vun där doter Charta war. A schliesslech, dat ass net oninteressant, ass och e Mechanismus virgesinn hei, dee bannend ass, wat d'Bäileeung vu Streidegkeeten tëscht deenen eenzelnen États signataires vun deem Traité do betrëfft.

Déi Ännerungen, déi elo hei iwwert dëst Gesetz ugeholl ginn, betreffen dräi Punkten. Et geet drëm fir déi fréier GATT-Regelen, déi am Ursprongstraité dra waren, fir déi eigentlech ze adaptéieren an eng Upassung ze maachen un d'Regelen, déi gëllen an der Welthandelsorganisatioun, der OMC.

Zweetens gëtt de Champ d'application vun deem gesamten Traité méi grouss gemaach doduerjer, dass also och Energieëquipementen an Zukunft ënnert de Champ d'application vun där Charta do falen.

An drëten a leschte wichtege Punkt: Et gëtt och Grond nach geschafen, dass d'Zollrechter op den Exporter an Importer op Energieprodukter, dass déi kennen de Status quo behalen, dass déi also als gläichbleiwend kennen ugesi ginn.

Mir hunn deen Text hei a véier Sitzunge behandelt vun eiser zoustänneger Ekonomieskommissioun. Dat war gréisstendeels an der leschter Legislaturperiod. Mir hunn Amendementen festgehalten, well mer der Meinung waren, dass den Titel irreführend war an dass och deementsprechend den Artikel 1 vum Gesetz huet misse geännert ginn.

De Conseil d'État huet eis do Recht ginn.

A mir waren och der Meinung, dass opgrond vum Parallelismus vun de Formen, well dee ganzen Traité urspringlech publizéiert war, och mussen déi Amendements zu deem Traité integral am Mémorial publizéiert ginn.

Och do huet de Conseil d'État eis Recht ginn, sou dass mer also hei proposéieren, eestëmmeg an der Kommissioun, fir den amendéierte Regierungsprojet hei guttzeheeschen. Ech bréngen natierlech och gläichzäiteg den Accord vun der LSAP-Fraktioun an.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Doriwwer eraus spieren ech, dass den Accord vun allen anere Fraktiounen och do ass, sou dass mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5721 kéinte kommen. Den Text steet hei am Document parlementaire 5721⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Dann de Vote par procuration. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

D'Resultat ass...

(Brouhaha)

Ech wëilt all deene Kollegeen, déi elo amgaange si fortzegoen, soen, dass d'Resultat esou ass, dass de Projet à l'unanimité vun deene 57 Leit, déi ofgestëmmt hunn, ugeholl ass.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser. Domadder wäre mer um Enn vun dëser Sitzung.

D'Dispens vum zweete Vote constitutionnel misst ech nach froen.

► **Une voix.**- Dat dierft an der Rei sinn!

(Assentiment)

► **M. le Président.**- A mer wären dann um Enn vun dëser Sitzung ukomm.

Ech wëlt lech nach matdeelen, dass déi nächst öffentlech Sitzunge virgesi si fir de 27., den 28. an den 29. Oktober, an d'Sitzung wär domadder opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.20 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.